

Ordre du jour

1. 5031 – Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment annexe pour le Lycée Technique du Centre à Luxembourg-Dommeldange  
*(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motion)*
2. 5007 – Projet de loi portant modification de la loi du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux  
*(Rapport de la Commission des Media et des Communications - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5031 iwwert de Bau vun enger Annexe fir de Lycée technique zu Dummeldeng.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: den Här Fayot, d'Madame Durdu, den Här Greisen an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo den Här Nico Loes, stellvertretende Berichterstatter fir den Här Willy Bourg. Den Här Nico Loes huet d'Wuert.

1. 5031 – Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment annexe pour le Lycée Technique du Centre à Luxembourg-Dommeldange

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nico Loes (CSV), en remplacement de M. Willy Bourg (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt un éischter Stell de Rapporteur Willy Bourg entschëllegen, deen haut leider net hei ass, well e krank ass. Ech mengen, ech géif och a mengem perséinlechen Numm an ech denken och an Ärer aller Numm him eng gutt Besserung vun dëser Plaz aus wënschen. Ech géif dann, wéi gesot, a senger Plaz de Rapport zum Projet 5031 iwwert de Bau vun enger Annexe vum Lycée Technique du Centre zu Dummeldeng maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kee Geheimnis, datt et an eisem Land u Schoulgebaier feelt. Als eng vun de grouse kommenden Erausforderungen an der Lëtzebuurger Bildungspolitik gëllt ouni Zweifel d'Schafung vun neien Infrastrukturen, virun allem am Postprimaire.

Mëtt November huet de Regierungsrat iwwert dee finale Bericht vum Plan sectoriel „lycées“ befonnt, ee Bericht deen no zwee Jore Virbereedung duerch een interministerielle Grupp konnt virgeluecht ginn. Dëse sektorielle Plang huet sech ambitiéis Ziler gesat, déi an de kommende Jorenen onbedéngt mussen erreecht ginn. Et sinn dës ënner anerem déi mëttelfristeg Schafung vun neie schoulesche Kapazitéiten, d'Dezentralisatioun vum schouleschen Angebot an d'Regionalisatioun vu Schoulgebaier op eng équilibréiert demographesch wéi och geographesch Opdeelung. D'Gemenge ginn no an no iwwert d'Konklusiounen vum dësem Plang informéiert. Ech

bréngen d'Hoffnung zum Ausdrock, datt d'Schlëss och deemnächst public gemaach ginn, fir datt déi zoustänneg parlamentaresch Kommissioun sech hir Meinung ka bilden.

De Lycée Technique du Centre krankt scho säit geraumer Zäit um Mangel u Plaz fir déi ëmmer steigend Unzuel vu Schüler am technesche Secondaire. An net manner wéi fënnef Annexen sinn d'Schüler vum LTC zum géigewäertegen Zäitpunkt verdeelt. Et ass kloer, datt an dëser Situatioun eng gudder Organisatioun, op schouleschem wéi och op administrativem Plang, net optimal ka sinn. Doriwwer eraus feelt et u spezifischen Infrastrukturen an deenen eenzelnen Annexen.

De Projet de loi 5031 bréngt zu engem gewësse Grad Remedur zu dëser schwieweger Situatioun, andeems d'Regierung elo plangt ee Gebai fir 40 Klassen ze bauen. Doriwwer eraus komme verschidde Säll fir d'Direktioun an d'Administratioun vum Gebai, esou wéi fir d'Proffen an d'Éducateuren vum SPOS. Dobäi kommen eng Kantine an ee Réfectoire, esou wéi ee Parking fir Autoen, respektiv Vëloen.

D'Gebai kënnt op een Terrain, deen der Stad Lëtzebuerg gehéiert, vis-à-vis vun der Dummeldenger Primärschoul, een Terrain, dee sech an eng gréng Zon integréiert, eng Zon, déi duerch de Plan d'aménagement général festgeluecht ass. D'Gebai, dat aus zwee Deeler besteet, an déi zwee respektiv dräi Etagen hunn, gëtt duerch eng Wiss vun existéierende Primärschoulgebai getrennt. D'Gare ass 400 Meter vum neie Gebai ewech a ganz no bei der Buslinn Nummer 14. Den Aménagement vun engem Busarrêt ass duerch déi bescheide Gréisst vum Terrain awer schwéier oder net méiglech.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt op de Rapport vun der Bautekommissioun verweise fir den Detail vun dësem Projet. Ech wëllt awer vu menger Zäit profitéiere fir op e puer Hauptpunkten anzugeen, virun allem op déi Aménagementen, déi sech fir ee bessert Fonctionnéiere vum Lycée Technique du Centre opgedrängt hunn. Et si schonn, wéi virdrun erwähnt, 40 Klasse virgesinn, dobäi kommen zwee Informatikssäll a speziell Säll fir de Chimies- respektiv de Physiksunterricht. Déi zwielef Atelierien, déi géigewäerteg an den Annexen vum Lycée Technique du Centre verspreet sinn, gi regroupéiert, wat och méi ee flexibel Schaffen erméiglecht. Véier Raim sinn noutwenneg fir Material ze stockéieren. Dee grouse Sall fir d'Léierpersonal ass fir plus ou moins 70 Proffe geduecht an eegent sech duerch seng Gréisst och

als grouse Versammlungsraum. D'Büro fir d'Administratioun si Sekretariatsbüroen, zwee aner Büro si geduecht fir d'Direktioun. Dobäi kënnt nach ee Büro fir een Educateur respektiv zwee Raim fir de SPOS. Wat den Accueil an d'Kantine ubelaangt, esou sinn hei alleguer déi noutwenneg Equipementer virgesinn. No de Bestëmmunge vum Arrêt ministériel vum 12. Abrëll 1994 iwwert de Bau vu Schoulinfrastrukturen, mussen nei Schoulgebaier eng Kantine hunn, an där et méiglech ass d'Mëttegiessen ze zewéieren. Wat de private Beräich vum Léierpersonal ubelaangt, sou ass ee Büro virgesinn esou wéi Vestiairen a Sanitäranlage fir d'Personal. De Parking huet 50 Plaze fir Autoen an et ass och ee Vëlosparking virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Terrain mat enger Fläch vun engem Hektar an aacht Ar ass am Plan d'aménagement général vun der Stad Lëtzebuerg als een Terrain fir eng öffentlech Notzung klasséiert, wou eng Rei Beem stinn, déi d'Stad Lëtzebuerg wëllt konservéieren. Den hënneschten Deel vum Terrain ass dee vun där erwähneter Zone verte a gëtt och vun der Stad Lëtzebuerg zur Verfügung gestallt. Et ass och dësen Deel, deen an engem Hang läit, ausgehend vun der Rue Hein bis an d'Rue Henkes. Dësen Hang huet ëmmerhi siwe Meter vun der Limite vun der Propriétéit bis zur hënneschter Fassad vum neie Gebai. Doriwwer eraus ass hei relativ vill Grondwaasser an an dësem Kontext mussen och verschidde Moosnamen virgeholl ginn, fir um Niveau vun dem Parking all Sécherheitsvirkéierungen ze treffen.

De Site gesäit eng 45-Meter-breit Wiss vir, déi d'Primärschoul mat der neier Schoul ofgrenzt, eng Ofgrenzung, déi och duerch d'Beem nach verstärkt gëtt. D'Gebai integréiere sech perfekt an d'Pente vum Terrain, well déi zwee Deeler vum Gebai duerch een zousätzleche Stack décaléiert sinn.

D'Klasse- sou wéi d'Spezialraim an d'Ateliere sinn no Westen an Osten ausgerichtet, de Parking ass hallef iwwerdaacht; dobäi kommen och nach Parkplaze laanscht d'Strooss. Eng ganz Rei vu Virdeeler vum virgefäerdigte Baumaterial hu mat sech bruecht, datt dësen Typ vu Baumaterial fir dëse Projet zréckbehale ginn ass.

Wat den techneschen Equipement ubelaangt, esou ass festzehalen, datt d'Schoul net ka vun der Primärschoul profitéieren. Fir d'Käschten niddereg ze halen, ass op eng ganz Rei vun Equipementer verzicht ginn, dës awer ouni um Niveau vun der Sécherheet ze spueren.

Nach e puer Wuert zur Architektur. Wéi gesot besteet de Projet aus zwee Deeler, déi parallel zur Pente ausgerichtet sinn. Den éischten Deel huet ee Rez-de-chaussée an zwou Etagen, een Niveau Atelier an een Niveau mat Klassenfäll. Dësen Deel ass aacht Meter vun der Strooss ewech, wat domadder erméiglecht 20 Emplacementen no baussen ze schafen.

Den zweeten Deel huet ee Rez-de-chaussée an dräi Niveauen. An dësen Deel kënnt och een Deel vum Parking, eng Liwwerplaz an e Parking fir Behënnerter. An dësem Deel wäert sech och d'Verwaltung vum Gebai befannen, esou wéi zwee Niveaue mat Klassenfäll. Den Haff vun der Schoul kënnt tëschent déi zwee Deeler an den Haff tëschent dem neie Gebai an der Primärschoul.

D'Atelierien hunn eng Héicht vu véier an engem halwe Meter. Dës

erlaabt et der Stad Lëtzebuerg, bei enger eventueller Reprise oder Neibestëmmung vum Gebai dës an nei Gemengenatelierien oder vläicht och Dépôts ëmzestallten.

D'Fassad besteet aus thermolackéierte metalle Placken, d'Ateliere si mat groussflächege Fënstere ausgestatt an déi zwee Deeler vum Gebai sinn doriwwer eraus mat engem Glasdach versinn, deen een awer och nach herno kann eventuell mat Vegetatioun beplanzen.

Déi staark Pente vum Terrain bréngt awer mat sech, datt deen ënnerierdesche Parking zu engem Deel iwwerdaacht ass, an datselwecht gëllt och fir déi hënnescht Fassad vun der Kantine.

D'Käschte vun dësem Projet belafe sech beim Indice semestriel des prix à la consommation op den 1. Abrëll 2002 op 26,7 Milliounen Euro. D'Exploitationssäschte belafe sech op 480.000 Euro an d'Dépense ginn iwwert de Fonds d'investissement public scolaire getäht.

Ech mengen dës wieren d'Hauptpunkte vun dësem Projet gewiescht, deen de 7. Oktober 2002 vun der Bauministesch Madame Erna Hennicot-Schoepges an der Chamber deponéiert ginn ass, an an der Kommissiounssitzung vum 24. Oktober 2002 ass de Kolleg Willy Bourg als Rapporteur désignéiert ginn.

D'Dispositiounen vum Projet, d'Plang esou wéi den Avis vum 22. Oktober 2002 vum Statsrot sinn an der Sitzung vum 18. Februar 2002 ënnert d'Lupp geholl ginn an de schrëftleche Rapport konnt an darselwechter Kommissiounssetzung ugeholl ginn. De Statsrot huet sech och mat dem Text averstane gewisen.

An de Kommissiounssitzunge sinn och eng ganz Rei Froen opgeworf ginn, op déi ech nach wëllt e bëssen agoen. D'Kommissioun huet an hirem Bericht festgehalen, datt déi zréckbehale Propositionen fir de Lycée Technique du Centre vun Dummeldeng nëmmen eng provisoresch Léisung ka sinn, well sech déi 1.000 Schüler op déi 40 Klasse verdeele mat engem Taux vu 25 Schüler pro Klasse. Een adequaten Unterrecht ass méiglech, et ass awer och duerch déi héich Schülerzuel bestëmmt net deen einfachsten Exercice.

Am Fall wou d'Infrastruktur schnell an hir Limité stéisst, bleift d'Léisung fir ee Stack derbäi ze bauen.

Verschidde Memberen an der Kommissioun hunn de Virschlag gemaach, fir de Site vun den alen Industriebroochen zu Dummeldeng a Betreucht ze zéien. De Ministère huet awer kloergestallt, dass den Terrain am Moment net exploitabel ass, mä dass den Terrain eventuell kéint fir den Ausbau vum Lycée technique vu Bouneweg a Fro kommen.

Ech hat uganks vu menger Interventioun op de Plan sectoriel „lycées“ higewisen. D'Kommissioun huet de Wonsch zum Ausdrock bruecht, dass d'Konklusiounen vum dësem Plang och sollen an enger gemeinsamer Sitzung mat der Educationskommissioun diskutéiert ginn. Verschidde Memberen aus der Kommissioun hate gewësse Bedenken iwwert d'Proximitéit vum Gebai zu der Dummeldenger Primärschoul, mä déi Responsabel aus dem Ministère hu präziséiert, dass d'Schoukhaff an d'Gebai kloer getrennt géife ginn. Wat den Uschloss un eng Kogeneratiounszentral ubelaangt, esou ass säitens vum Ministère präziséiert ginn, dass e Gebai an der Gréisst vun deem zu Dummeldeng ze vill ongenotzten Hëtzt produzéiert. Dat ass d'Ursach, firwat dass eng Gasheizung als ekologesch Léisung zréckbehale ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen dass ech lech elo konnt déi néideg Prezisiounen zu dësem Projet ginn. De Kolleg Willy Bourg huet e gudden a prezise schrëftleche Rapport preparéiert. Ech wëll him am Numm vun eiser Fraktioun merci soe fir seng Aarbecht. Mat dem Accord vu menger Fraktioun schlëssen ech dee mëndleche Rapport vun der Bautekommissioun of an ech hoffen, dass mer dëse Projet kënne stëmmen. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Nicolas Strotz agedroen. Den Här Strotz huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Nicolas Strotz (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann den Nico Loes den Accord vun der Fraktioun gëtt, erlaabt mer awer e puer Wuert zu dësem Projet ze soen. Fir d'éischt him als Berichterstatter am Numm vum Willy Bourg merci fir de Rapport, deen hien eis hei virgedroen huet. Mir sinn hei a Presenz vun engem Projet, dee wierklech eng Noutwendegkeet ass, sinn dach d'Schüler vum Lycée Technique du Centre de Moment op fënnf Sitë verdeelt, wat net onbedengt en Idealfall duerstelle kann.

Et gëtt versicht schnell eng Léisung ze fannen. Esou gëtt de Projet no engem System opgebaut, deen e Genre Baukastesystem a Form vu Konstruktioun ass, esou dass hie schnell realiséiert gi kann. Esou ka kuerzfristeg dem Manktem u Schoulraum vum Lycée Technique du Centre entgéint gewierkt ginn.

Dass déi jëtzeg Situatioun awer net onbedengt en Ideal ass, ech mengen, domat si mer all hei d'accord. Et ass awer méi wéi eng Noutléisung. Et ass gewosst, dass nach ëmmer déi Raimlechkeeten, déi do opgericht sinn, net enger voller schoulescher Infrastruktur entsprechen, esou dass nach ëmmer e gewëssene Schülertransport hin an hier weiderhi muss geschéien. Prinzipiell wëll ech dofir soen, dass mer alles versiche sollen, fir an der Zukunft Lycéeën ze bauen, wou komplett Zyklen ugebuede ginn. Lycéeën, déi da voll eegestänneg schaffe kënnen.

Et war ugeschnidde ginn, dass an der Kommissioun driwwer diskutéiert ginn ass, ob net d'Friche industrielle vun Dummeldeng eng Léisung hätt kënnen duerstellen, fir méi e grouse Komplex opzerichten. Et muss een awer dozou soen, dass dee Komplex: éischstens net fräi ass fir de Moment; zweetens een deen nach ëmmer an der Reserv kann halen; drëtts wëll ech awer soen, dass mer hei eng vehement Diskussioun haten, wéi et eng Kéier geheescht huet e Lycée Technique Mathias Adam op eng Friche industrielle ze setzen, déi nach quasi eng Friche war, déi virdrun net industriell genotzt gi war. Esou dass een do soll virsichteg sinn, wann een esou Saache mécht.

Prinzipiell hunn ech kee Problem domadder, wa festgestallt ass, dass keng Altlasten op deenen Terraine leien, wéi dat zu Péiteng de Fall war. Wat mech awer gewonnen huet, dat ass, dass just...

(Interruptions)

...déi Propositionen vun de Kollegeen vun der sozialistescher Fraktioun komm ass, déi deemools beim Lycée Technique Mathias Adam wierklech eng opgefouert haten a gemengt haten, dee Site wier wierklech net gutt fir e Lycée dorop ze errichten.

Als President vun der Travaux-publics-Kommissioun muss ech awer e Wuert soen zu deem Problem, wou mer eis an der Kommissioun



drop festgeluecht haten, dass dëse Projet eréischt dierft op den Ordre du jour kommen, wa mer de Bail emphytéotique virleien hätten, deen zwëschent der Stad Lëtzebuerg, där den Terrain gehéiert, an dem Stat ofgeschloss wier. De Projet huet eng Urgence, esou ass et och ze verrieden, dass hien haut de Mëtteg hei drun ass, besonnesch well de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg mer gesot huet, dass dat Schrëftstéck ënnerwee wier. Et wier an der Gemeng Lëtzebuerg gewiescht an hien hält et ënnerschiwwen. Et ass dunn erëm zrëckgaangen un de Finanzministerium, dee sech ëm déi Saache këmmert. Et wier awer nach net Retour.

Eh bien, wourun et elo wierklech läit entziit sech menge Kenntniss. Ech gleewen awer de Wiederum vum Här Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, mä ech halen awer drop, dass dee Bail esou séier wéi hien dann definitiv arréiert ass der zoustänneger Chamberskommissioun ënnerbreet gëtt. Ech soen lech merci.

Une voix.- Dir kënnt de Projet dach net stëmmen esou!

(Brouhaha général)

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, dëse Projet, fir eng Annexe vum Lycée Technique du Centre op Dummeldeng ze bauen, stellt eis Fraktioun virun e groust Dilemma. Engersäits gesi mer an, dass mer ganz urgent Schoulraum brauchen, anerersäits muss ech soen, dass eng ganz Partie Froe bei dëser Solutioun, wéi se hei zrëckbehale ginn ass, fir ons bestoe bleiwen.

Fir d'éischt gëtt et emol eng Noutwennegkeet vu Schoulraum. Mir wëssen, dass mer hei fir zwëschen 700 bis 1.000 Schüler vum Enseignement technique Raum brauchen, déi elo zwëschen fënnel Annexen iwwert d'ganz Stad verspreecht sinn. Véier vun deenen Annexe muss de Stat opginn, well d'Stad Lëtzebuerg de Bail résiliéiert huet. Schonn am Joer 2000 huet d'Stad Lëtzebuerg eng Partie Gebaier zrëckgehol, déi si fir hiren eegene Bedarf gebraucht huet. Dat waren déi Gebaier, wou fréier de Complémentaire dra war a wou de Préparatoire säit 1994 weider dra war.

Mir brauchen also dee Schoulraum fir Schüler vum Lycée Technique du Centre. D'Zuel vun deene Schüler, déi sech an deenen Annexen befonnt hunn, louch fir 1994/1995 bei 550 a fir d'Joer 2000 bei 713. Et ass also keen neie Problem mat deem mer hei plötzlech konfrontéiert wieren. Et ass ee Problem, deen zënter enger Partie Joren elo op ons duerkënnt. Leider hunn ech weder am Projet nach am Rapport d'Zuelen iwwert d'Schouljoer 2002/2003 fonnt, souwéi weider keng Projektione fir déi kommand Joren. Et ass emol déi Zuel vun 1.000 an de Raum gestallt ginn. Den Här Loes huet jo als Berichterstatter doriwwer geschwat an an der Kommissioun ass dat esou gesot ginn. D'Fro stellt sech, an ech hoffen, dass d'Madame Ministre eis dann doriwwer wäert Opschloss ginn, wéi déi Projektione sinn étant donné d'Evolution an deene leschte Joren, souwéi dëst Joer.

Et handelt sech bei deene Schüler ëm Élève vum Cycle inférieur. Et gëtt prezisiéiert, dass et Primoarrivanté sinn, dat heescht Schüler, déi fir d'éischt an eise Schoulsystem erakommen, déi also ganz spezifesch Besoinen hunn. Et handelt sech ëm Classes d'intégration - Septième bis Neuvième technique - a Classes du régime préparatoire.

Déi Schüler hunn, wéi gesot, ganz spezifesch Besoinen a mussen,

wat zum Beispill d'Primoarrivanten ugeet, schnell d'Sprooch léieren, fir iwwerhaapt an d'Schoul eranzekommen. Niewent deem Problem do vum Lycée Technique du Centre, wa mer elo d'Schoulsituatioun um Stadgebitt kucken, hu mer eng ähnlech schwierig Situatioun am Lycée technique vu Bouneweg, wou och eng Partie Élève vum Préparatoire a Container sëtzen. De Lycée Technique de Bonnevoie muss och vergrëssert ginn. Do lafe jo scho säit enger Partie Joren d'Pourparlers, fir Terrain bäzëkréien, fir de Lycée Technique de Bonnevoie ze vergrësseren. Dëst wär dofir eng gutt Geleeënheet, wann entweder d'Madame Baute-minister oder d'Madame Erziehungsminister ons géif soen, ob mer do virukommen.

D'Fro stellt sech natierlech, étant donné dass dat hei sech ëm d'Gesetz vun 1994 handelt, wéi mer den Enseignement complémentaire an den Enseignement préparatoire integréiert hunn, firwat dass mat deem Bauen esou laang gewaart ginn ass a firwat dass mer elo iwwerstierzt urgent mussen eng Solutioun fannen.

Et bleiwen, an dat ass deen zweete Punkt, deen ech wollt soen, eng Partie Froen am Zesammenhang mat dësem Projet. Si si schonn zum Deel am Bericht opgeworf ginn. Et bleift zum Éischten emol déi Proximitéit zu enger Primärschoul. Ech muss soen, ech fannen dat pedagogesch net gutt, wann een eng Primärschoul huet, wou de Préscolaire, de Primaire dran ass, fir direkt doniewent ee Lycée ze bauen. Et ass hei zwar vu Beem geschwat ginn, déi der-tëschen sinn, mais il ne reste pas moins, dass et eng ganz no Proximitéit ass zu der Primärschoul. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass : den Terrain ass kleng. Dat wësse mer. En ass ganz bestëmmt ze kleng fir e Bau wéi deen hei. Et gëtt gesot, dass keen aneren um Plang vun der Stad Lëtzebuerg ze fanne wär, an dann déi berühmte Geschicht vun dem Bail emphytéotique. Selbstverständlech muss jo dee Bail emphytéotique eng Konventioun tëschent dem Stat an der Stad Lëtzebuerg sinn, an déi Konventioun muss duerch de Gemengerot goen, an déi Konventioun ass nach net am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg gewiescht, esou dass fir den Abléck, reng formal op jidde Fall, déi Konventioun tëschent dem Stat an der Stad Lëtzebuerg net besteet. Ech mengen, dat muss een awer ganz kloer soen. Ech respektéiere gäre wat den Här Strotz hei gesot huet, dass en Accord vum Här Buergermeeschter do ass, mä rechtlech formal muss déi Konventioun tëschent dem Stat an der Stad Lëtzebuerg duerch de Gemengerot goen. Dat wëll ech hei gesot hunn, fir dass d'Chamber kloer doriwwer Bescheid weess.

Et ass och u sech e Gebai, wann ee kuckt wat an deem Gebai ass, wat fir eng Schoul, esouguer wann et nëmmen eng Annexe ass, eigentlech onzefriddestellend ass. Et si 40 Klasesäll fir e Maximum vu 25 Schüler. Dat ginn also déi 1.000 Schüler vun deene geschwat gëtt. Et sinn eng Partie Ateliers an et si relativ weëneg aner Säll derbäi, dat heescht aner Säll, wou ee méi kleng Gruppe vu Schüler kënnt enseignéieren, déi spezifesch Besoinen hunn. Et gëtt natierlech dann och kee Sportsterrain, et gëtt guer keng Sportsinfrastruktur. Déi Schüler mussen dann also och erëm eng Kéier gefouert ginn, a wat mech och frappéiert huet: Et gëtt eng Kantin fir 130 Schüler. Also do wär ech frou wann ee mer dat emol géif erklären. Hei kréie mer eng Schoul vu mindestens 750 Schüler a mir maachen eng Kantin fir 130 Élèven, wou ech jo unhuelen, datt déi Kanner, déi an déi Annexe do ginn, héchstwahrscheinlech net d'Zäit kréie fir mëtten hem iessen ze goen, op jidde Fall déi gréissten Zuel net. Et gëtt och keng Autobusgare, well den Terrain

eben esou kleng ass, an do muss ech erëm eng Kéier soen, wann een dat Gewüll gesäit bei deene Lycéeën, déi et dorëmmer gëtt um Lampertsbiere, an der Stad, Robert Schumann, Lycée Technique du Centre an esou weider, da muss ee sech wierklech d'Fro stellen, ob dat akzeptabel ass, well fir esou vill Schüler ze évacuieren, dat gëtt jo net näischt, an dat sinn also Schüler vum Cycle inférieur, déi jo awer nach ganz lieweg a ganz wibbelech sinn.

Da muss ech och soen, datt déi Konstruktioun hei mech e bësse stutzeg mécht. Bon, ech verstinn, datt mer wëlle schnell bauen an datt mer och bëlle bauen. Et gëtt also eng semi-provisoresch Konstruktioun. Et huet kee mer gesot, wat dat heescht. Semi-provisoresch, sinn dat fënnel Joer, zéng Joer, kënnt geschwënn en anere Lycée fir déi Kanner hei? An da gëtt och gesot, déi Ateliers, déi dra sinn, sinn esou gebaut, datt se vun der Stad Lëtzebuerg kënnen iwwerholl ginn, datt se réutilisabel sinn a wann d'Stad Lëtzebuerg géif deen Terrain iwwerhuelen, datt se dann an deene Gebaier kënnt hir Servicer ënnerbréngen, datt se dat kënnt als Dépôt gebrauchen. Dat steet alles an deenen Explikatiounen, déi mer kréien, fir ons dat e bësse méi schmackhaft ze maachen, mä ech muss lech soen, wann eng Schoul wéi déi hei mat enger provisoirescher, semi-provisorescher Bauweis héchstwahrscheinlech zéng bis fofzéng Joer an Aktivitéit ass, ech gleewen net, datt se dann nach ganz vill réutilisabel ass.

Also, menger Ansicht no ass déi semi-provisoresch Bauweis, déi hei gebraucht gëtt, eigentlech nëmmen ze verrieden, wann ee relativ schnell hannendru probéiert eng Solutioun ze fannen, fir e weidere Lycée technique an der Stad ze bauen, op enger Plaz wou een en autonomt Gebai kann opriichten. Ech wier wierklech frou, wa mer vun deenen zoustänneger Regierungsmemberen Assurancen an där Hinsicht kréichen.

Dat sinn eng Partie méi materiell Froen, déi och an der Kommissioun zum Deel opgeworf gi sinn. Da wollt ech nach e Wuert soen zu deem wat den Här Strotz hei gesot huet, wat d'Friché vun Dummeldeng ugeet.

Déi Friché vun Dummeldeng, dat ass ee vun deene leschte groussen zesammenhängenden Terrainen, déi mer nach um Stadgebitt hunn, an ech mengen, et wier elementar, datt ee sech Gedanken géif maachen, wat kënnt domat geschéien. Bon, ech weess ganz gutt, datt dat Terrainë sinn, déi weder der Stad nach dem Stat gehéieren. Dat sinn ARBEDs-Terrainen a wann een eng Kéier eppes do wëllt maachen, da muss een natierlech mat der ARBED doriwwer schwätzen an da muss een éischstens selbstverständlich d'Entsuegung vun deem Terrain an d'A faassen. Dat ass evident. Mir hunn d'Goudronfabrik zu Gaasperech entsuergt, a wa mer mat deem Terrain hei eppes wëlle maachen, da muss mer och deen Terrain entsuergen. Här President, dat wollt ech awer à l'adresse vum Här Strotz soen, dat schéngt mer wesentlech ze sinn, ...

M. Nicolas Strotz (CSV).- Sot dem Här Zanussi dat emol, wat deen déi leschte Kéier hei en Zauber opgefouert huet, wéi mer deen anere Lycée opgericht hunn.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Ben Fayot (LSAP).- Ech mengen also, datt mer hei e groussen Terrain hunn, dee mëtten an enger Uertschaft läit, deen och gutt un d'Eisebunn ugebonnen ass, a

wou ee sech och wierklech Gedanken ka maachen - a wat méi séier, wat besser -, fir zum Beispill en autonomen technesche Lycée mat allen Divisiounen ze bauen, wou een dann dat kann erreechen, wat jo awer pedagogesch am Gesetz vun 1994 iwwert den Enseignement préparatoire virgesi war, nämlech d'Integratioun vum Préparatoire an den Enseignement technique. Dat ass eppes wat mer bis elo nëmmen deelweis erreecht hunn. D'Finalitéit vum Préparatoire sinn der jo awer zwou.

Éischstens den direkte Passage à la vie active, wann ee bis un d'Enn vum Préparatoire kënnt, oder virun allem war dat geduecht als e Passage an den Enseignement secondaire technique, Cycle inférieur oder moyen, Régime professionnel, fir dann eben deene Kanner, déi am Complémentaire an engem Ghetto waren, eng Méiglechkeet am Préparatoire ze ginn trotzdeem eng Qualifikatioun ze kréien, an op déi Manéier och eng besser Chance am Liewen ze hunn.

Ech muss och soen, dass, pedagogesch gesinn, grouss Lycéeën - elo baue mer jo hei eng Annexe fir 700 bis 1.000 Élèven, de Lycée Technique du Centre huet der jo och schonn 1.200, 1.300; dat ginn also Megalycéeën - net à taille humaine sinn, an ech mengen net, datt mer op dee Wee solle goen, reng pedagogesch op jidde Fall gesinn.

Ech wollt déi puer Saache soen, Här President, fir lech ze weisen, datt mer wierklech an engem Dilemma hei sinn, a wa mer och onsen Accord zu dësem Projet ginn, Här President, dann ass et fir d'alleréisch am Intérêt vun deene Kanner, wou ganz vill friem Kanner sinn, déi keng Lobby hunn, fir sech eben anstänneg Schoulkonditiounen ze schafen, déi bis elo an deene leschte Joren a lamentabele Konditiounen Schoul gehale kruten. Et ass also ons Haaptmotivatioun fir dat ze maachen. Mä ech mengen och, datt besonnesch déi Kanner, déi et ganz schwéier an der Schoul hunn, déi et och ganz schwéier hunn, fir sech an ons Schoul ze integréieren, eigentlech e bëssen eppes Besseres verdéngt hätte wéi dat hei.

Merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur merci soe fir säi schrëftleche Rapport. Ech mengen, ech kann d'Guttheet vu sengem Rapport ëmsou besser bewäerten, well ech jo eigentlech net Member an der Bautekommissioun sinn an awer d'Missioun kritt hu fir d'Stellung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ze huelen. Ech wëllt awer dem Rapporteur merci soe fir säi mëndleche Rapport; dee war ganz gutt.

D'Konstruktioun vun dësem Gebai beweist, dass d'Regierung déi Engagementer, déi se geholl huet, och ausféiert. Ech erënnere hei un d'Aussoen, déi ech bei de Budgetsdebatte gemaach hunn, wou ech gesot hunn, de Plan sectoriel „lycées“ gëtt ëmgesat, no an no, wann den Ausbau an d'Opbesserung vu bestoende Gebaier respektiv vun den Neibaute vu Lycéeën envisagéiert sinn. Ech mengen, hei ass elo d'Ëmsetzung vun esou engem Projet.

Deen heite Projet ass engersäits als Ausbau ze verstoen, e kann awer och als Neibau gesi ginn. Als Ausbau an deem Sënn, dass et den Ausbau vun engem bestehende Lycée betrëfft, nämlech de Lycée Technique du Centre. Also een Ausbau an deem Sënn, dass et jo ee bestehende Lycée ass, deen ausgebaut gëtt, deen och vergrëssert gëtt, an deen op engem Site zesummebruecht gëtt, wat menger

Meenung no eng gutt Léisung ass, well fir op fënnel verschiddene Plaze Kanner ze betrieien, dat fannen ech keng ganz glécklech Léisung, wann et soll een eenzege Lycée sinn. Et ass en Neibau an deem Sënn, dass et een neit Schoulgebai ass op enger neier Plaz, an dass och dru geduecht ginn ass, wann d'Kannerzuel erop geet, dass deem och Rechnung gedroe gëtt.

Ech wollt just eng Remarque maachen a punkto Plan sectoriel „lycées“. Et ass mer opgefall, wéi ech de Projet, de Rapport vun der Kommissioun gelies hunn, an och wéi ech d'Budgetsdebatte verfollegt hunn, an och elo wéi ech dem Här Loes nogelauschert hunn, dass dee Plan sectoriel „lycées“ vläicht nach net genuch diskutéiert ginn ass. Ech géif dofir vun der Geleeënheet profitéieren, vu dass zwou Ministesche vun deenen dräi concernéierte Ministère, déi am dem Plan sectoriel zesumme geschafft hunn, hei sinn, suggéieren, dass se zesummekomme mat deenen dräi concernéierte Kommissiounen déi do sinn, déi vun den Affaires intérieures, déi vun der Education nationale an déi vun de Bauten, fir dass mer eng Kéier dee Plan sectoriel „lycées“ a senger allerleschter Versioun virgestallt kréien, an dass mer dat eventuell Ufanks des nächste Joers sollte maachen.

(Interruption)

Ass et well décidéiert? Ma dat freet mech.

26.700.000 Euro si virgesinn. Och hei erënnere ech u meng Aussoen an de Budgetsdebatten, wou ech drop higewisen hat, dass de Fonds d'investissements publics scolaires eminent gesteigert gi war dëst Joer. An hei sinn da 26.700.000, déi aus dem Fonds geholl ginn, fir dëst Schoulgebai ze bauen. Also hei en Engagement vun der Regierung, wat agehale gëtt.

De ganze Cycle inférieur gëtt, wéi gesot, hei zesummegesat, 40 Klasesäll, véier Classes spéciales, zéng Ateliers, eng Structure d'accueil fir d'Kanner. Och eng Partie administrativ Logementer, oder Compartimeter, wéi ee se dann eben nennt, mat Parking fir Autoen a Rieder, sinn op dësem Site virgesinn. An et huet dann och den Avantage, dass an der Lwergankszäit d'Kanner net op engem Chantier musse liewen an net mat engem Chantier konfrontéiert ginn, wat menger Meinung no een Avantage ass.

Ech wollt hei just op een Deel vun deene Remarken, déi am Rapport vun der Kommissioun stoungen, agoen. Et ass monéiert ginn, dass do awer elo op eemol ee Primärschoulgebai an ee Lycée technique Cycle inférieur beienee kéimen, an dat wierklech ganz ganz no. Ech wëllt drop hiweisen, dass op alle Fall mol getrennte Spillplaze fir déi zwee Schoulgebaier do sinn. Ofgesi vun deene Beem, déi dann do d'Trennung maachen. Mä doriwwer eraus muss ech soen, dass, wéi ech déi Remarqué gesinn hunn, ech net esou richtig wosst ob ech doriwwer sollt laachen oder ob ech mech sollt doriwwer opreegen.

Ech hat am Fong geholl do zwou Remarquen dozou envisagéiert gehat. Déi eng, déi schéngt sech net ze bewouerechten, mä, nodeems wat ech am Rapport gelies hunn, hat ech den Androck, dass e bëssen een NIMBY-Effekt géif do mat-spillen, dass ech den Androck hat, et géif vläicht Leit an deem Quartier oder op deene Plazen do ginn, déi net esou glécklech wäeren, e Lycée an hir Noperschaft ze kréien. Ech mengen, mir insgesamt alleguerten als Politiker sollten de Leit de Message ginn, dass et wichteg ass fir Schoulgebaier ze bauen, an dass et en Avantage ass fir Kanner an eng Uertschaft oder an eng Gemeinschaft opgehoill ze ginn, an dass et ee falsche Message ass un d'Kanner, wann ee seet: „Ah neen!“ Hei fänken d'Leit un ze reklaméieren



géint ee Lycée. Ech fannen dat eng ganz ongesond Haltung vun de Leit. Mir sollten als Politiker, egal wéi mir do sinn, op kee Fall esou eng Attitude ënnerstëtzen.

Da wëllt ech nach eppes soen. Kommescherweis sinn et och elo Leit - well ech hei jo no eenzelnen Zeitungsartikelen an anere Kommentare gelies hu bei der PISA-Etüd an eng vun de Revendicatioune vu gewëssene Leit ass et fir ze soen, den Tronc commun misste mir erëm aféieren. Ech wëll dorunner erënneren, dass Tronc commun bedeit, dass d'Kanner bis 15 Joer am Prinzip an engem Schoulgebai sollen zesumme sinn. Hei kommen elo Kanner no beieneen, bis 15 Joer. An elo kréie mir op eemol hei gesot: „Ah neen, dat ass awer keng ganz gutt Léisung a keng ganz gutt Iddi.“ Also ech weess awer do net, wou d'Konsequenz an den Iwwerleeunge vun deene Leit ass. Déi géif ech invitéieren, nächstens bei esou Aussoen opzepassen.

Op där anerer Säit wëll ech dann deenen, déi vläicht elo den Tronc commun revendiquéieren an e wahrscheinlech vun dëser Regierung net accordéiert kréien, soen: Mäi Gott, bei enger nächster Regierungsbildung, wann Dir do vläicht dann d'Iddi vum Tronc commun duerchsetzt, dann hutt Der hei op alle Fall eng Plaz wou Der dann den Tronc commun kéint direkt an d'Wierklechkeet ëmsetzen.

Wat déi Problematik vum Bail emphytéotique betrëfft, do muss ech lech soen, do wäert ech elo net drop agoen, do ass dee stater Buergermeeschter besser placéiert fir do Positioun ze ergräifen. Ech wëllt lech op alle Fall soen, dass ech mat all dësen Iwwerleeungen der Chamber nëmme ka recommandéieren dëse Projet ze stëmmen. Ech war och ganz frou ze héieren, dass déi gréissten Oppositionspartei dëse Projet och wäert stëmmen.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

■ **M. Fernand Greisen (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt ee Merci un all déi Leit, déi un deem Projet hei matgeschafft hunn. Mäi Fraktiounskolleeg, den Här Jean-Pierre Koepp, huet an der zoustänneger Bautekommissioun säin Accord zum Rapport ginn. D'ADR-Fraktioun wäert hei herno och net géint dee Projet stëmmen.

Den Ausféierung vum Vertrieeder vun der sozialistescher Fraktioun bräicht ech eigentlech näischt méi bäizeflecken. Virum Dilemma, deen hie genannt huet, do sti mir och. Just wëll ech bemerken, dass et dach awer ee sozialistesche Bauteminister war, dee ganz laang keng Schoul gebaut huet.

Aus den Texter, déi mer virleien hunn - an dem Exposé des motifs vum Bauteministère, am Avis vum Statsrot esou gutt wéi am Rapport vun der Bautekommissioun -, kënnt awer eppes ganz kloer eraus. Dës Regierung schafft grad esou schlecht wéi all déi virdrun, mat jorelaanger Schlamperei, ouni Viraussicht, mat Gewurschtels a provisoresche Bauten. An da ginn ënner Zäitdrock mangelhaft Noutléisungen duerchgedréckt.

Här President, fir ze beweisen, dass ech net iwwerdreien, zitéieren ech Ausschnëtter aus den offiziellen Texter, wéi se vun der Regierung virgeluecht gi sinn. An der Partie technique, am Exposé des motifs, do steet: „Le projet se situe sur le terrain voisin de l'école primaire de Dommeldange. Les friches industrielles de la Mecan-ARBED se trouvent vis-à-vis du terrain d'implantation. L'aménagement d'une gare d'autobus n'est

cependant pas possible, en raison de l'exiguïté du terrain. Les bus pourrnt cependant stationner le long de la rue.“ Et gëtt och vun der Nappe phréatique geschwat. Alles dat ass schonn hei gesot ginn. Ech wëll och nach een anere Saz zitéieren: „....ne bénéficie pas d'infrastructures sportives.“

Wat heescht dat am Kloertext? All dës Donnéeën, déi si schonn hei genannt ginn, mä dat heescht, dass déi Schoul hei gebaut gëtt op enger Plaz, déi net dofir gëeegent ass.

Et steet och do, dass déi Noutléisunge mussen ugewannt gi wéinst där rapider Zounahm vun de Schüler. Dozou muss ech soen: Wëllt d'Regierung de Leit da wierklech opdréien, dass d'Schüler direkt am Alter vun zwielef Joer géife vum Himmel falen? Oder wëllt d'Regierung eis gleewen dinn, just den Zouwuess vu bausse wär Schold, mat kéipweis Familjen, déi am Alter vun zwielef Joer grad elo hei an den Technique wëllen? Och den Iwwergank vum ënneschten Zyklus vum Technique, aus dem primären Unterrecht an de Seconde technique, ass net op eemol aus heiterem Himmel op d'Regierung agefall. Dat hätt dach ee vergaangenen Educationministère jorelaang am Virus plange misen, ier et ausgefouert ginn ass.

Den Här Fayot huet hei vun aacht Joer Zäit geschwat, sou dass de Bauteministère genuch Zäit am Virus gehat hätt fir nei Gebaier ze plangen. Keng Koordinatioun also vum Schëff. Dat alles si Virgäng, déi een nëmme mat jorelaanger Schlamperei a Feele vu Viraus-sicht erkläre kann.

■ **Une voix.** - Dat ass jo duerch PISA bewisen. Mir kënnen net rechnen, Här Greisen.

■ **M. Fernand Greisen (ADR).** - Wat erkenne mer hannert den Aussoen, déi an all deenen Texter stinn, déi mer vun der Regierung virgeluecht kréien?

Éischstens sinn d'Schüler vum technesche Lycée bis elo a fënnf Annexé provisoresch ënnerbruecht gewiescht. Dëse Provisorium dauert awer scho jorelaang, jorzéngtelaang. Firwat ass näischt éischter geplangt a gebaut ginn? Huet kee Majoritéitspolitiker vu kenger Regierung an all deene Joren eppes an Uecht geholl?

Zweetens d'Container um Lampertsbierg hannert dem IST sinn op eemol ofgenotzt. War den Entretien ze deier, ass kee gemaach ginn oder ass d'Ofnotzung op eemol plötzlech am leechen Moment age-tratt? Kloer ass just eppes: All dës Tatsaache beweisen, dass d'Regierung jorelaang mat provisoresche Bauten ouni Konzept gewurschtelt huet.

Här President, elo kréie mer als leschten Auswee en Neibau, e Projet presentéiert, deen nëmme eng Noutléisung ass, net passt an net komplett ass. Dee muss mer aus Zäitgrënn unhuelen, well et soss erëm vill ze laang dauert. Op déi Aart a Weis si mer scho beim Bau vun de Gebaier um Geesseknäppchen ënner Drock gesat ginn, mat der Tatsaach entweder do ze bauen, wou si se hi wollten oder jorelaang op eng besser Plaz ze waarden. Dës Texter an der Baubeschreiwung weisen och dorobber hin.

Hannert den doucen Ëmschreiwunge vun de Problemer gëtt daitlech, dass éischstens entgéint den Avice vun alle Schoulfachleit erëm eng Kéier d'Kanner aus der Primärschoul zesummepaffe mat Schüler, déi vill méi al sinn an aneschtens ugepaakt mussen ginn. D'Fro, ob en anstännegen Unterricht méiglech ass, mat 25 Schüler an enger Klass, mat 1.000 Schüler um Site, bleift onbeäntwert am Raum stoen. Op alle Fall ass de Gedanken, fir nodréiglech nach en zousätzleche Stack op d'Gebai ze setzen, zimlech riskéiert.

Zweetens den Terrain, dee vis-à-vis vun deene verseuchten Industrie-friché vun der fréierer CASA läit, bedeit, dass d'Regierung keng Rücksicht hält op eventuell Gesondheetsrisiko vun de Schüler. Dass d'Gebai sech op engem ze héije Waasserspiegel am Buedem befënnt, an trotz deieren Ofdichtunge riskéiert Fiichtegkeet an d'Klassesäll eropzezéien, bedeit e weidere Gesondheetsrisiko.

Véiertens ass keng Plaz fir eng Busgare derbäi. D'Autoe kënnen jo laanscht eng schmuel Duerfstrooss parken. Domat huet d'Regierung héich Risikoe fir Verkéiersonfäll virprogramméiert. Schlussendlech gëtt och daitlech, dass keng Plaz do ass fir d'Sporterzëiung vun der Jugend. Dofir ass de Bau ze kleng. Ass dat déi nei Educationspolitik vun dëser Regierung?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat hiren eegenen Aussoe beweist d'Regierung, dass mer elo ënner Zäitdrock nees eng schlecht Noutléisung virleien hunn. D'Sprange vun Noutléisung zu Noutléisung ass den Nationalsport, deen eis Regierungen eis bis elo ëmmer presentéieren.

Zum Ofschloss wëll ech nach ervirhiewen, dass de Statsrot a sengem Avis bemängelt huet, dass dem Budgetminister säin Avis nach géif feelen. Ech wollt d'Fro stellen, ob dat dann elo an der Zwëschenzäit geschitt ass.

Här President, nodeem wat ech hei erkläert hunn, misst d'Fraktioun vum ADR eigentlech géint de Projet stëmmen, mä well d'Schüler awer en neit Gebai brauchen an näischt fir d'Schlappfleckerei vun der Regierung kënnen, stëmme mer dem Bau zou,...

**(Brouhaha général)**

■ **Une voix.** - Dat ass bal wéi zu Fréiseng. Dat do géif och fir d'Gemeng Fréiseng zoutreffen. Et deet mer Leed fir d'Leit, déi zu Fréiseng wunnen, mä...

■ **M. Fernand Greisen (ADR).** - ...net awer ouni ervirzehiewen, dass hei d'Regierung eleng eng grouss Responsabilitéit huet fir all Nofolgeschied a -käschten.

Ech soen lech merci.

■ **Des voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).** - Wann Dir et gären hätt, da bréinge mer nach eng Motioun an, fir de Pei-Musée an eng Schoul ëmzufunktionéieren.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, meng Virriedner hu schonn eng ganz Rei vu Kritiken ubruecht. Haaptsächlech deene vum Här Fayot kann ech mech nëmme uschlëissen. Et ass awer och virdru vun der Vertrieederin vun der DP eng interessant Iddi komm am Kontext vum Bau vun där Annexe hei, nämlech d'Iddi vum Tronc commun.

Do hunn ech mer d'Fro gestallt, wann een e bësse méi utopesch denkt, firwat dass mer eigentlech net hei tatsächlech méi wäit geduecht hunn, amplaz dass mer hei zwou Schoulen nieftenee setzen, wou mer garantéiert - an do sinn ech net mat lech averstanen, Madame Durdu - wäerte Problemer kréien; firwat hu mer eis net e pedagogesch Konzept ausgeduecht, fir dass déi Schülerinnen a Schüler vu verschiddenen Altere besser kéinten op deem klengen Territoire, deen et nun eben ass, zesummeliewen an zesummen an d'Schoul goen.

Ech denken, dass wann ee wéilt an déi Richtung goen ee sech effektiv Gedanke misst maache wéi esou Konzepter kënnen ausgesinn. Dat ass awer bei deem heite Projet leider net de Fall gewiescht. Ech hu mer elo grad vu mengem Kolleeg Jean Huss soe gelooss, dass et a Länner, wéi Finnland, déi jo am Moment ëmmer esou vill am Kader vun der PISA-Studie zitéiert ginn, en Tronc commun gëtt bis 15 Joer, an dass dat och positiv Friichten dréit. Mir ginn hei zu Lëtzebuerg net an déi Richtung a mir schaffen Trennungen, déi dann herno awer och an der Praxis erëm eng Kéier fir vill Problemer suergen, well d'Kanner och vum Altersënnerschied hier net unenee gewinnt sinn, a sech dann noutwennegerweis wäerte Konflikter erginn.

Dat vläicht just als kleng Klamer zum Thema Tronc commun. Ech wéilt awer dann op de Projet hei zrëckkommen. Nieft deene Kriticken, déi um schoulesche Konzept ze äussere sinn - an ech mengen och, dass de Plang vun deem Gebai hei wierklech eng desastréis Schoul- an och Travaux-publics-Politik vun deene leschte 15 Joer nach eng Kéier ausdréckt - denken ech, dass et och um Niveau vum bautechnesche Volet eng Rei vu Saachen ze bemängele ginn.

Et ass schonn ugeklungen, dass an dësem Gebai, zum Beispill keen Turnsall konnt gemaach ginn, well d'Plaz ze kleng wär. Op där anerer Säit ass awer genuch Plaz, fir Parkplazen am Sous-sol ze maachen. Et stellt ee sech e bëssen d'Fro, wat dann elo eigentlech hei Prioritéit huet, wa mer eng Schoul bauen, ob et dann net awer méiglech gewiescht wier do besser Léisungen ze fannen. Ech hu mer an der Kommissioun soe gelooss, dat wär de Problem vun der Stad Lëtzebuerg, well déi géif déi Parkplaze verlaangen. Vläch kann de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg nach eppes dozou soen, mä ech muss soen, dass ech et wierklech e bëssen absurd fannen, wa mer Schoule baue ginn, wou d'Parkplaze Prioritéit hu par rapport zu engem Turnsall.

D'Problematik „öffentlechen Transport“ ass schonn ugeschnidde ginn. Ech denken, dass ee sech do hätt misste besser Léisungen afale loosse wéi dat, wat elo proposéiert gëtt, dass d'Schüler mussen e puer Meter, enfir e puer honnert Meter, lafen, iwwer eng Strooss, wat awer vläicht net ongeféierlech ass, amplaz dass ee sech do awer eng afale gelooss hätt, fir eng regelrecht Haltestell direkt bei der Schoul ze maachen.

Dann, Här President, vläicht e positive Punkt, well ech net ëmmer als dat wëll do stoen, dat nëmme negativ Kritik äussert. Et ass mer opgefall bei deem heite Projet, dass mer fir eng Kéier eng Kantin integréiert hu mat enger Kichen op der Plaz. Ech wëll dat ausdrécklech begrëssen, well dat war bis elo net ëmmer de Fall. Ech denken, dass dat e wichtege Schrëtt ass, an dass mer bei zukünftige Gebaier sollte bei där Praxis bleiwen. Déi Praxis ass wierklech vill méi sennvoll wéi déi Tendenz, déi et leider och gëtt, fir d'lesse vun iergendswou kommen ze loosse, wat sech jo dann och op den Niveau vun der Qualitéit vun deem lesse auswierkt.

Här President, ech wollt eng grouss Klamer nach eng Kéier opmaachen iwwert d'Thema Energie a vläicht domat déi kleng Schluecht, déi ech an deene leschte Méint geschloen hu ronderëm dee Sujet, ofschlëissen. Mir haten net nëmme wéinst deem heite Projet, mä och wéinst aneren, an der Kommissioun länger Diskussiounen. Déi Gréng haten do e Pabeier virgeluecht, wou mer nach eng Kéier eis Revendicatioun virgestallt hunn. Dat heite Gebai ass an deem Sënn erëm eng Kéier typesch, well mer e Projet virgeluecht krutt hunn, wou gesot ginn ass: „Et ass ze kleng. Mir kënnen keng Cogénératioun dra maachen.

Mir mussen eng Gasheizung dra maachen.“

Mir hu gemengt, dass déi doten Approche am Fong geholl ausdréckt, dass d'Regierung an d'Administration publique sech net méi fundamental Gedanke ronderëm eng effizient Energienotzung maachen, well soss hätten se sech engersäits driwwer informéiert, dass et och méi kleng Cogénératioun gëtt, an anerersäits vläicht och Initiative geholl, fir ze kucken, ob et keng Partner kéint ginn, mat deenen een zesummen hätt kënnen...

Här President, et ass e bëssen ustrengend.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Trotz dem Mikro kann ech mech hei net duerchsetzen.

... eng gemeinsam Cogénératioun maachen. Et ass mer opgefall, dass ëmmer erëm do, wou schonn eng Cogénératioun besteet oder wou dann zum Beispill d'Stad Lëtzebuerg virhuet eng Cogénératioun ze maachen, de Stat net méi wéi frou ass sech mat drun ze hängen. Vläch wier et gutt, wann d'staatlech Administratioun do selwer méi Initiative géif huelen.

Mir hu gëschter héieren, dass den Här Strotz drop higewisen huet, wat d'Regierung alles wëlles huet am Kader vum effizienten Energieasaz bei öffentleche Gebaier, an datt se och wëllt en Audit énergétique maachen. Mir begrëssen dat natierlech, datt elo do eng gewëssen Dynamik awer schénge opzekommen, mä mir haten an eise Proposen, déi mir an der Travaux-publics-Kommissioun...

■ **M. Nico Loes (CSV).** - Iwwerall wou bis elo eppes gebaut ginn ass, ass ëmmer deenen dote Saache Rechnung gedroe ginn, wou et nëmme méiglech war.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Här President, den Här Loes mengt, dat wier iwwerall ëmmer gekuckt ginn. Ech hunn awer och an der Kommissioun opgewisen, datt oft eréischt, nodeem datt mir als Kommissioun intervenéiert sinn, Saache bäikomm si wéi Solaranlagen, oder iwwerluegt ginn ass: Kënnen mer net awer een Schloss un eng Cogeneratioun fannen? Dat, mengen ech, musst Der mer awer bestätegen, datt dat eng Tatsaach ass. Ech hunn elo genau hei gesot: „Mir als Kommissioun“. Ech mengen do wäre mir eis dann eens. Ech wëll mech och elo net hei op iergendwelleche Lorbeeren ausrouen. Ech mengen, datt mir do all zesummen dat fäerdeg bruecht hunn. Ech mengen net, datt ech dat hätt kënnen eleng fäerdeg bréngen.

Här President, eis geet dat awer trotzdeem net wäit genuch, a mir mengen och, datt do nach ganz vill Spillraum ass fir d'Regierung an, an deem Pabeier, deen ech hei kuerz wëllt resüméieren, hu mir dat och duergeluegt. Mir hunn zum Beispill an der Kommissioun vum Regierungsvertrieeder gesot kritt, d'Administration publique géif ëmmer bei hiren Normen, déi se bei öffentleche Gebaier berücksichtegt, 20% wëllen ënnert der geltender Wärmeschutzveruerdnung leien. Dat ass ganz positiv, mä et kann ee sech awer d'Fro stellen, ob eng Wärmeschutzveruerdnung, déi vun 1995 ass, net vläicht esou lues iwwerholl ass, an datt wann een 20% drënner bleift, datt dat dann am Joer 2002 vläicht keen esou e groussen Effort méi ass. Et gëtt vu ville Säite gesot, datt déi Wärmeschutzveruerdnung dréngend reformbedürftig wier, an dofir hu mir eben och proposéiert, datt d'Regierung sech soll zesumme mat den Acteuren um Terrain un een Dësch setzen an déi Wärmeschutzveruerdnung iwwerschaafen.

En zweete Punkt ass, datt et eng europäesch Norm gëtt, déi mëttlerweile och a Form vun enger Proposition de directive virläit, an déi an



éischter Lecture vum europäesche Parlament och schonn adoptéiert ginn ass. An och do denke mer, datt d'Lëtzebuerger Regierung gutt berode wier, fir déi Norm vläicht schonn am Virfeld ze applizéieren, well et wäert sécherlech den Dag kommen, wou se et souwisou muss maachen.

An dann ee wichtege Punkt ass natierlech dat allgemengt Zil vun der Energiereduzéierung esou ëmsetzen, wéi mir et och de Privatleit proposéieren, wann d'Regierung Subside gëtt. Dir wësst jo, do wor eng ganz schéi Broschür erauskomm, wou d'Leit erkläert kréien, wat se alles vu Gelder zréckkréien, wa se sech bei hiren eegenen Haiser beméien d'Energie ze reduzéieren, zum Beispill duerch Cogenerationen, duerch Niddregenergie, duerch Solaranlagen an esou virun. Mir mengen, datt d'Administration des Bâtiments publics, wa se dat deenen anere Leit proposéiert, da sollt mam gudden Beispill virgoen an déiselwecht Normen och bei hiren öffentleche Gebaier berücksichtegen.

En drëtten Punkt ass d'Differenzéierung no den Typen a Funktiounen vun de Gebaier. Et ass ganz kloer, Här President, datt een net ka bei enger Schoul, wou eventuell an der Nuecht keng Leit dra sinn, déiselwecht Kritären uwenne wéi bei engem Altersheim, wat Dag an Nuecht besat ass, a wou Dag an Nuecht Besoinen do sinn un Elektresch oder un Hëtzt. Mir denken dofir, datt et wichteg ass, datt ee Critären opstellt, déi no deene verschiddene Funktiounen vun de Gebaier och variéieren, an do gëtt et eppes wat sech Energiekennzuelen nennt. Ech si keng Expertin op deem Gebitt, mä déi Energiekennzuelen heeschen am Fong, datt et spezifesch Critèrë gëtt fir déi eenzel Type vu Gebaier. Et gëtt anseheinend och e Katalog, deen ausgeschafft ginn ass vum Ordre des Architectes et Ingénieurs zesumme mam Ëmweltministère. Wa schonn dee Ministère an déi Richtung schafft, dann denke mer, misst dat awer och kënne méi breet de Fall sinn, a mir proposéieren och do, datt de Ministère des Travaux publics géif ee Bureau d'études chargéieren, fir d'Ennergiekennzuelen, fir déi verschiddenen Type vu Gebaier, wéi Schoulen, Muséeën, Centres intégrés, Centres sportifs an esou virun, auszeschaffen.

Dat géif net nëmmen d'Aarbecht vun der Verwaltung selwer vereinfachen, wann et esou kloer Norme géif ginn, mä och déi vun de Bureaux d'architectes, vun den Ingenieurbüroen a vun de Bureaux d'études.

Här President, "der langen Rede kurzer Sinn": Ech hunn, par rapport zu deem doten Dossier vun der Energieeffizienz eng Motioun preparéiert, wou ech déi Punkten hei all nach eng Kéier zréckgehooll hunn, a wou mer als Gréng virschloen, datt d'Regierung invitéiert gëtt eng Rei vu Moossnamen ze huelen, déi iwwert dat erausgi wat se elo scho mécht, zum Beispill eben d'Reform vun der Wärmeschutzverordnung unzegoen, oder awer och déi Iddi vun den Energiekennzuelen, wéi se iwweregens och schonn an anere Länner applizéiert gëtt, opzegräifen.

Ech hoffen, datt mer mat deem heite Virstouss nach eng Kéier op d'Zoustëmmung bei deenen anere Parteie wäerte stoussen, well et ass jo e Fait, datt wa mer an déi heite Richtung géife goen, datt mer da ganz vill kënnten dozou bäidroen, fir d'CO<sub>2</sub>-Emissionen hei zu Lëtzebuerg ë bëssen ze reduzéieren. An Dir wësst jo allegueren, datt mer hei am Land ganz vill Problemer hunn, well mer an anere Beräicher leider ëmmer nach net de Problem an de Grëff kritt hunn. Ech denken zum Beispill un den öffentlechen Transport. Hei wär e Beräich, wou ee relativ einfach, ouni iergendengem op d'Féiss ze trëppelen, kënnt Neel mat Käpp maachen.

Ech soen lech merci.

**Motion 1**

*La Chambre des Députés, considérant*

*- que l'amélioration de l'efficacité énergétique représente une partie importante des politiques et des mesures nécessaires pour se conformer aux dispositions du Protocole de Kyoto;*

*- que des mesures spécifiques sont nécessaires afin d'endiguer la consommation d'énergie dans le secteur des bâtiments;*

*- que l'Etat doit jouer un rôle de pionnier dans ce domaine en intégrant dans sa politique de construction le critère de l'efficacité énergétique;*

*- que le Gouvernement est disposé à prendre des mesures dans ce sens notamment par le biais d'audits énergétiques de ses propres bâtiments;*

*invite le Gouvernement*

*- à présenter à la commission parlementaire des Travaux publics sa position quant à la proposition de directive (2002-C 203 E-12) sur la performance énergétique des bâtiments, transposant la norme européenne EN 832;*

*- à présenter à la Chambre un projet de loi portant réforme de la „Wärmeschutzverordnung“ de 1995 afin de l'adapter aux potentiels actuellement exploitables;*

*- à mettre en place un groupe de travail rassemblant acteurs publics et privés afin de préparer cette réforme;*

*- à faire valoir, lors de la construction et de la rénovation de bâtiments publics, les normes décrites dans la législation allemande sur la „Niedrigenergie“;*

*- à respecter lors de la construction et de la rénovation de bâtiments publics au moins les mêmes critères que ceux à satisfaire pour bénéficier des subsides du Ministère de l'Environnement aux ménages privés et aux communes;*

*- à développer des critères spécifiques pour les différents types de bâtiments (Energiekennzahlen);*

*- à charger un bureau d'études avec l'élaboration de normes indicatives pour les différents types de bâtiments.*

(s.) *Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Paul Helmingergedroen.

M. Paul Helminger (DP).- Här President, ech wëll ganz kuerz sinn, mä ech wollt just an der Sérénitéit vun deem Débat, deen hei stattfonnt huet, awer eppes confirméieren, wat d'Stad Lëtzebuerg ubelaangt.

Fir d'éischt freeën ech mech driwer, datt et och am Stat méiglech ass fir Prozedure parallell lafen ze loossen, well dat awer d'Beschlossfaassung insgesamt nëmme kann accélérieren. Et ass effektiv esou, datt d'Gemeng saisiert gouf mat engem Projet de compromis, fir, wéi gesot, deen Droit de superficie oder déi Emphytéose do ze ginn op deem Terrain, datt se dee Projet och an de Servicer gekuckt hunn, dass mer dee fir gutt befonnt hunn, an datt en zréckgaangen ass un déi zoustänneg staatlech Instanzen, déi dann elo deen definitive Kompromëss sollen ausschaffen, dee mer dann och wäerten am Schäferot, esou wéi dat eis Prozedur virgesäit, ënnerschreien, dann dem Gemengerot virléien, wou ech dovunner ausginn, datt nämlech, wat ech haut an der Chamber hei héieren hunn, net nuren d'Majoritéit dee Kompromëss oder d'Konvention dann am Gemengerot wäert zoustëmmen, esou datt dann och déi legal Basis, wat den Terrain ubelaangt, wäert geschafe sinn, fir dee Projet hei virun ze dreien.

Fir de Rescht wollt ech der Madame Wagener just, wat Parkingsproblemer ubelaangt, soen, datt nun d'Stad bestëmmt net de Moment op dem Tripp ass fir ee Maximum vu Parkplaze prioritär wëllen ze genehmegen, mä datt mer awer vun der Realitéit ausginn, éischens datt mer effektiv kengem wëlle virschreiw wat fir e Fortbewegungsmittel en huet, mä datt mer grad just am Kader vun enger Schoul, a Gott weess, datt mer an der Stad an enger Rei Quartieren dee Problem aus dem Effekt kennen, wëssen, datt déi Schoul mat all deenen Intervenanten, déi do a Fro kommen, einfach net ka funktionnéieren, wann net eng ugemessen Zuel vu Parkplaze virgesinn ass, an datt dat och dofir dem entsprécht, wat mer an eise Gespréicher mat de Promoteuren vun deem Bau geltend gemaach hunn an och akzeptéiert hunn.

Par ailleurs, géif ech dann hei och d'Geleeënheet profitéieren, fir eng Kéier öffentlech de Wonsch auszdrécken, datt an der Bereetstellung vu Parkplaze beim Stat un déi Leit, déi vun deene Parkplaze kënne profitéieren, esou wäit wéi et sech net ëm öffentlech Parkplazen handelt, déiselwecht Rigueur an Disziplin géing applizéiert ginn, déi mer an der Stad applizéieren, nämlech datt déi Parkplazen net fräi a gratis zur Verfügung gestallt ginn, mä mat enger gewëssener Rémunération verbonne sinn, déi doduerch och d'Benotzung, géing ech mengen, hirem Zwéck entsprechend garantéiert.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet nach eng Kéier den Här Ben Fayot gefrot.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wär net hei zréck op d'Tribün komm, wann den Här Greisen net e Rundumschlag gemaach hätt géint dës Regierung, respektiv géint déi viregt Regierung, wat d'Schoulbauten ugeet.

Ech wollt awer dem Här Greisen just rappeléieren, dass déi viregt Regierung, an där effektiv ee sozialistesche Minister Bauteminister war, an där och d'CSV-Ministeren Educationministere waren - an déi si jo zoustänneg fir d'Programmer fir d'Bauten -, eng ganz Partie, sou ze soen all Schoulbauten am Secondairesberäich, déi elo amgaange sinn, ugefaang respektiv fäerdeggestallt gi sinn. Ech wëll se ganz kuerz opzielen: d'Vergrësserung vum LGL, dee ganzen Ensemble Geesseknäppchen, d'Vergrësserung vum Lycée Technique des Arts et Métiers, eng nei Europaschoul, de Lycée vu Woltz, den Ausbau vum Lycée vun Dikrech, den neie Lycée vu Miersch, den Ausbau vum Lycée vu Gréiwemaacher, de Lycée Technique vun Esch-Uelzecht, de Centre de Formation Professionnelle, den Ausbau vum Lycée Diddeleng an de Neibau vum Lycée Mamer.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif fir d'alleréischt wëllen dem Rapporteur vun dësem Projet, dem honorablen Här Willy Bourg, eng gutt Besserung wënschen. Mir hunn erlieft, wéi hien an der Kommissioun sech mat engem ganz staarke Wëlle fir dësse Projet agesat huet an ech hunn och gemengt, et wier gutt wa mer dem Willy Bourg sengem Wonsch géifen nokommen an dësse Projet esou séier wéi méiglech stëmmen. De Willy Bourg huet bei dësem Projet zum Ausdruck bruecht, datt en nach ëmmer e

Schoulmann ass an datt en nach ëmmer d'Problemer vu grad deenen dote Schüler gutt kennt. Ech denken, datt mer hie geschwënn erëm hei ënnert äis wäerte gesinn, an ech wëllt dat haut gesot hunn, andeems ech d'Reverenz maache viru senger Aarbecht, déi hien hei gemaach huet, a viru senger Iwwerzeegungskraaft fir dësse Projet elo nach ze huelen.

De Problem, dee mer hei ze léisen hunn, ass keen einfache Problem. Et ass ee Problem, deen historesch gewuess ass an ech géif soen, den Ursprung vun där doter Problematik geet zréck op d'Joer 1993, wou de Minister Marc Fischbach ee Gesetz abruecht huet, dat eng kleng Revolutioun am Schoulwiese war, déi awer net esou zur Kenntnis geholl ginn ass, déi zwar deemools vill diskutéiert ginn ass, mä déi een nette Broch war mat allem wat viru war.

Wat huet dat Gesetz bruecht, wat d'Classe préparatoire agefouert huet an iwwerhaupt dee Régime préparatoire? Dat Gesetz, dat huet d'Kanner aus der Obhut vun de Gemengen erausgehooll mam Alter vun zwielef Joer. An anere Wieder, hu mer de Gemengen all hir Komplementarklassen ofgehooll, an déi, déi sech ëm d'Gemegepolitik an där Zäit gekëmmert hunn, wësse ganz genau wat fir eng Suerge se mat de Komplementarklassen hatten. Wéi déi Kanner, wéi déi allescht op d'Ofstellgleis gesat woren, deelweis a verschiddenen Zentren, wéi se bal an der Onméiglechkeet ware fir een zesummenhängend Konzept vu schouleschem Angebot ze fannen a wéi d'Gemenge sech beméit hunn an enger Zesummenaarbecht, déi éischter spontan an improviséiert war wéi strukturéiert, ze kucken, datt fir hir Kanner dat Bescht sollt erauskommen do derbäi. Et goufen Zesummenaarbechten tëschent deene Leit, déi an de Komplementarklasse Schoul gehalen hunn, an deenen, déi an de Lycées techniques waren. Dee Projet, deen huet deemools virgesinn, datt déi Schüler sollte resolut bei d'Lycées techniques kommen an integréiert ginn. Et huet sech deemools, wa meng Mémoire richtig ass, ëm 2.000 Schüler landeswäit gehandelt. Dir Dammen an Dir Hären, do läit vill Ursprung u schoulescher Infrastruktur, déi mer net hunn, déi mer och net vun de Gemenge konnte kréien, well déi an de Gemenge streckeweis verspreekt war, well se net an optimale Konditiounen stattfonnt huet, a recht a schlecht si mer awer iwwert d'Ronne koum.

De Problem vum Lycée Technique du Centre ass deen, datt d'Schüler vu fënnf verschiddene Siten op eemol zesummegefouert solle ginn. Siten, déi an engem schlechten Zoustand sinn an domat urgent Moossname brauchen. Et ass ganz sécher an där Planung, déi déi lescht Regierung gemaach huet, déi dës Regierung virugefouert huet, kee Broch komm vun där enger zur anerer. Ech war op béide Säiten derbäi, ech kann dat also gutt bezeien. Déi Kritiken, déi exzessiv sinn - et huet emol eng bedeitend Deputéiert hei op dëser Tribün gesot: „Ce qui est excessif est insignifiant.“

**(Brouhaha général)**

Ech hunn déi Deputéiert zitéiert, déi Dir jo alleguer schéngt ze kennen a wou Der lech och drun erënnert, a wat fir engem Kontext dat gesot ginn ass, well et ass fir munch anere Kontext gutt. Ergo ass och déi massiv Kritik, et wär guer näischt geschitt an de Schoulneibauten, exzessiv.

Den Här Fayot huet gutt dru gedoe verschidde Projeten opzezielen, déi nach ënnert dem Här Goebbels an d'Wee geleet gi sinn. Ech soen, do kënnt nach derbäi déi Annexe zu Dikrech, déi ënnert dëser Regierung fäerdeg gestallt ginn ass fir de Lycée technique, déi dozou gefouert huet, datt mer hei am Fong beim Lycée Technique du Centre

op eng Iddi komm sinn, fir eng semi-provisoire Struktur dann ze bauen, op déi ech nach wäert zréckkommen. Dir hutt da Mamer, Woltz, Dikrech, Diddeleng opgefouert. Dës Regierung huet et ëmmerhi fäerdeg bruecht, fir och dee Problem zu Péiteng, wou mer zéng Joer laang dru geplangt hu fir eng Plaz ze fanne fir zu Péiteng een neie Lycée ze bauen, ze deblockéieren. Mir sinn aktiv mat der Planung amgaang fir zu Réiden ee ganz neie Lycée ze plangen a mir wäerte fir d'Schouljoer 2003 de Lycée zu Mamer kënne bezéien. Mir hunn nach ee Problem um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg mam Lycée Technique vu Bouneweg, wou mer nach ëmmer mam Terrain net eens sinn.

Dat gesot si mer hei bei dësem Projet, zumindest als Regierung, och an engem Dilemma, mä ech muss soen, den Dilemma fällt mer net schwéier ze léise wann ech d'Prioritéite setzen a wann ech d'Prioritéiten zu Gonschte vun de Kanner setzen. Da gëtt et keng aner Prioritéit, ewéi dëst Gebai ze bauen. Et fënnt een ëmmer nach Léisungen déi besser sinn, a wa mer esou procédéiere beim Stat, datt een ëmmer nach waart op déi Léisungen déi besser sinn, da geet d'Zäit eriwier. Et fënnt een herno Schwieregkeete mat deenen een net gerechent hat, et kritt een den Terrain net an esou wieder. Dofir ass meng Haltung ëmmer déi, datt de Spatz an der Hand besser ass wéi d'Dauf um Daach, an datt een dofir och pragmatesch soll virgoen. Dat heiten ass esou eng Approche.

Zur Proximitéit vun der Primärschoul, do géif ech drëm bieden, datt mir selwer als Deputéiert, als Buergermeeschteren, als Verantwortlech vun nationaler Planung dach net sollten e Problem eropeschwieren, deen et eigentlech net dærf ginn. Mer sollte virun allem och net déi Schüler, déi an dës Schoul kommen, dohinner stellen, wéi wann et keng normal Kanner wieren. Et si Kanner déi een Enca-drement brauchen an...

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Dat huet kee gesot.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- ...déi dofir an där Proximitéit zu där Primärschoul do net anescht ze behandle si wéi an anere Proximitéiten, déi et iwwert d'Land masseweis gëtt, wou mer zu Miersch eng Schoul hunn, déi direkt nieft der Primärschoul läit, wou awer keen e Problem jeemools derbäi gesinn huet a wou sech och kee Problem stellt.

Et ass da bemängelt ginn, den Terrain wär ze kleng. Dir Dammen an Dir Hären: Jo, och do, den Terrain ass ze kleng, mä besser iwwerhaupt emol en Terrain houn, a wann en duer geet, da si mer alt domadder zefriden.

Déi optimal Léisung ass hei net dran. Ech gesi wat mer fir Schwieregkeete kréien, do wou mer mat private Leit am Verhandel si fir Terrainen ze kréien, an da sinn ech frou, datt mer hei eng Gemeng hunn, déi eis entgéint kënnt. An ech soen der Stad Lëtzebuerg an hirem Buergermeeschter merci,...

**(Brouhaha général)**

...datt mer konnten hei plangen, datt mer och konnten deen dote Problem enger einegermoosse gudder Léisung zouféieren. Mir wäerten eis selbstverständlech un déi rechtlech formal Obligatiounen halen.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Et ass jo souwisou eng Phase dertëscht, wou nach d'Architekter müssen d'Detai plangen ausschaffen a wou mer also nach net elo mar de Bagger fuere loossen, a mer kënne gläichzäiteg déi zwou Prozedure matene lafe loossen.

Ech sinn dann awer iwwer eppes e bëssen erstaunt. Hei si vun allen Deputéierte Verkéiersproblemer,



Busgare a Parking erwähnt ginn, awer vum Zuch ass net geschwat ginn. An ech géif dach mengen, dass dat heiten eng Situatioun wier, wou déi Schüler, oder eng Partie vun deene Schüler, mam Zuch këinte kommen, zumools wou d'Gare no bäi läit. A wa mir eng Kéier dee méi schéinen Zuch oder Tram sollte kréien, oder wéi mir en och ëmmer nennen, dann ass op där doter Plaz erëm eng Kéier eng Gare virgesinn, soudass mir do déi aner Partie vum öffentlechen Transport, déi also net Bus ass, mä déi den Zuch ass, ganz no bäi hunn.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- D'Schüler mussen awer dohinner kommen, Madame Minister.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- D'Schüler mussen op déi Gare kommen an da mussen si e puer Meter zu Fouss goen. Ech muss soen: Ech fueren all moies duerch déi dote Strooss, fir an d'Stad ze kommen ; et ass e flotte Schlächwee, an do ass d'Verkéierssituatioun net esou abenteuerlech, dass een sech net kéint virstellen, dass do eng Partie Schüler, wou déi eng elo an de Lycée Technique Emile Metz ginn...

### **(Coups de cloche de la Présidence)**

**M. le Président.**- Lauschtert dach emol no an haalt op mat deene private Gespréicher! Et ass dach onerhéiert! D'Madame Ministesch mécht sech d'Méi, fir Är Fro ze beäntweren, an et ginn da Kosettercher gefouert.

**Une voix.**- Här President, mir stellen eis eng Rei Froen.

### **(Brouhaha général)**

**M. le Président.**- Dir hutt Froe gestallt an d'Ministesch äntwert an Dir féiert Gespréicher mateneen.

**M. Robert Mehlen (ADR).**- Mir schwätze mat der Madame Minister. Mir sinn e richtegt Parlament.

**M. le Président.**- Neen, Dir schwätzt net mat der Madame Ministesch, Dir féiert Är Privatgespréicher.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, mir stellen hir beispillsweis d'Fro, wa si esou vum Zuch schwätzt, firwat dass d'Jumboskaart dann elo 15 Prozent méi deier muss gemaach ginn. Da soll si dat erklären.

### **(Brouhaha général)**

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- Här President, mir hunn deemno hei eng Situatioun, wou duerchaus aus der Praxis ervirgeet, dass d'Schüler ganz gutt mam Zuch kënnen kommen, well wann déi, déi an déi Privatschoul ginn, déi um Site vun de Friché funktionéiert, kënnen mam Zuch kommen, dann denken ech, dass et och hei méiglech ass en Deel vum Transport iwwert den Zuch ofzewéckelen. Duerfir ass mäin Dilemma net ganz grouss. Ech sinn der Meinung, dass mir hei e Projet stëmmen, dee grad zu dësem Zäitpunkt néideg ass, an deen dofir och esou schnell wéi méiglech gebaut soll ginn.

Da kéim ech op dem Här Fayot seng Fro vum dem Semi-provisoire. Här Fayot, am Fong geholl hu mir dat fréier «préfabriqué» genannt. Dat heescht, dass mir mat fäerdeg Elementer bauen, an dass mir dann de Bau méi séier do stoen hunn. Et gétt dann och kee Bau, deen technesch eng aussergewöhnlech Qualitéit opweist, ob-schonns mir eis beméien iwwerall Qualitéit ze bauen. Mir wäerten hei mat engem Semi-provisoire versichen dat ze maachen, wat mir och zu Dikrech gemaach hunn, wat Satisfaktioun gétt.

Wann d'Chamber gäre Berouegung hätt, da wier et vläicht gutt, wa se eng Kéier zu Dikrech dat Gebai vun de Préparatoirë géif kucke goen, well da kritt een eng Virstellung dovunner, wéi dat ausgesäit. Mat Ausnahm vum deem, wat déi bleche Fassad ugeet, déi vläicht net grad vu jiddferengem gedeelt gétt, mä déi awer och pragmatesch ubruecht ginn ass. Dat war e Bau, deen huet net ganz deier kascht. Mir bauen hei e Bau, deen iwwer eng Milliard al Lëtzeburger Frange kascht, deen also vun der Qualitéit hier ganz sécher sech wäert weise loosson. Mir wëssen awer, dass mir eng Partie méi accélériert Prozedure kënnen beim Bau uwenden, fir dat och séier do stoen ze hunn.

Dann ass mäi Wonsch deen, dass mir kënnen all deene Schüler, déi an de Container sétzen um Lampertsbiere, eng besser Situatioun ginn, an dass mir domadder en Deel vum Lampertsbiere degagéiert kréien. Ech mengen - dat dierf een net vergiessen -, dass et do, wat d'Wunnqualitéit ugeet, vläicht och net esou gutt ass, wa mir ëmmer nëmmen nach zousätzlech Schoulinfrastrukture géngen op de Lampertsbiere setzen.

Dat gesot, wäert ech natierlech der Madame Wagener hir Suggestiounen, wat d'Energiepolitik ugeet, unhuelen. Ech kann hir soen, dass si sech op der ganzer Linn duerchgesat huet an dofir géif ech och mengen, dass déi Motioun eigentlech iwwerflësseg ass, Madame Wagener, well all déi Saachen do schonn an d'Weeër geleet gi sinn.

### **(Interruptions diverses)**

Dir kënnt op jidde Fall d'Satisfaktioun mat heemhuelen, dass Dir lech op der ganzer Linn duerchgesat hutt, an dass Dir och de Leit vun de Bâtiments publics mat Iwwerzeegung Är Suerg no bruecht hutt, a mir wäerten där och nolauschten.

Dat gesot, e lescht Wuert - d'Madame Brasseur hält och nach Stellung, well si mat den Zuelen den Deputéierten nach zousätzlech Informatiounen gétt -: Mir hunn eis eens gesat, fir e Plan sectoriel ze verabschieden. Mir wäerten deen den zoustännege Chamberkommissionen deemnächst virstellen. Am Kader vun deem Plan sectoriel hu mir och d'Standardisatioun virgesinn. Mir hunn eis do Moyene ginn, fir dräi Lycéeën direkt mateneen ze plangen, soudass mir zumindest, wat d'Planungsphas ugeet vun der Erstellung vun den architektonesche Programmen, vill méi séier kënnen virukommen.

Dir Dammen an Dir Hären, sidd net an der Suerg, dass an den nächste Jore keng Schoule méi gebaut ginn! Ech mengen, de Contraire ass wouer. Merci.

**Des voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Erzéiungsministesch, d'Madame Anne Brasseur.

**Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll hei enger ganzer Rei Leit merci soen, ugefaange beim Rapporteur, dem Här Willy Bourg. Ech wëll mech deene Wënsch vu Besserung, déi vun de Virriedner ausgesprach gi sinn, uschlëssen. Ech weess, dass den Här Bourg als Rapporteur drop gehalen huet, dass dëse Projet esou séier wéi méiglech hei ofgestëmmt gi soll. Ech wëll och dem Här Loes merci soen, dass hien de Rapport am Numm vun Här Bourg hei gemaach huet. E grouse Merci geet un d'Bautekommissioun.

E weidere grouse Merci geet awer och un d'Stad Lëtzebuerg, mat där et an dësem Dossier ganz einfach war ze verhandelen, well d'Stad Lëtzebuerg gesot huet, si wëllt hir Réserves foncières, an esou vill Réserves foncières ginn et net méi

an der Stad, net opginn, an dofir d'accord war, fir e Bail ze maachen op länger Zäit. D'Stad Lëtzebuerg bleift also Propriétaire vum Terrain, mä mir kënnen awer elo a kuerzen Délaien eng Schoul op deem Site opriichten.

Ech wëll och merci soe fir déi gutt Kollaboratioun, déi mir mat den Travaux publics a mat der Administratioun vun de Bâtiments publics haten, fir dëse Projet a kierzester Zäit op den Instanzewee ze bréngen. Et huet just ee Joer gedauert vun der Terrainsfro, der Konzeptioun, der Elaboratioun vum Programm bis elo hei zum Vote. Et kann ee sech just wënschen, an d'Madame Hennicot géif sech och doriwwer freeën, wa mir an aneren Dossierien ähnlech gutt virukéimen, wéi dat hei de Fall ass.

Jo, et ass wouer, dass mir heimat net all d'Problemer geléist hunn, mä mir hu wierklech en urgenté Besoin an et wär de Wonsch vu jiddferengem gewiescht, mengen ech, wann déi Problemer schonn éischer hätte kënnen geléist ginn. Et soll een awer der Zäit net nokräischen. Mir hunn elo haut, an haut kënnen mir awer eng Léisung proposéieren, déi d'Méiglechkeet gétt, déi Schüler do a ganz uerdentleche Konditiounen ënnerzebréngen.

D'Madame Hennicot huet et elo grad schonn ugedeit: Mir hunn e Bau, deen eng ähnlech Konzeptioun huet, an deen zu Dikrech opgeriicht ginn ass. D'lescht Joer am November hate mir déi öffentlech Presentatioun dovun. Du war déi ganz Chamber invitéiert oder op d'mannst d'Bautekommissioun an d'Educatiounskommissioun. Ech bedauere just, Här President, dass just een Deputéierte do derbäi war, an dat war den Här Loes.

Hien huet dovu Gebrauch gemaach a konnt sech dann iwwerzeegen, zesumme mat der Press a mat de Schoulleit, wéi funktionell dat Gebai bannendran ass, wéi flott et ass, a wéi d'Schoulleit och dat Gebai apprécieieren. Dat Gebai ass an der Rekordzäit vun engem Joer opgeriicht ginn op deem dote Site. Dat war e Gebai, wat vun der virechter Regierung virgesi war, fir zu Eitelbréck opgeriicht ze ginn. Leider huet d'Gemeng Eitelbréck dunn awer d'Baugenehmigung refuséiert an d'Gemeng Dikrech war esou gentil, ganz kuerzfristeg eng Baugenehmigung zu Dikrech ze ginn, soudass d'Annexe vum Lycée technique vun Eitelbréck fir de Préparatoire hannert dem Lycée classique vun Dikrech opgeriicht ginn ass. An dat ass eng Kollaboratioun, déi och ganz gutt fonctionnéiert.

Da wëll ech bei deene Mercien och all Intervenant hei aschlëssen. Natierlech ginn et eng Partie Froen. Eng Fro, déi gestallt ginn ass, ass déi, wéi vill Schüler et am Moment wäeren. Am Moment, Här President, sinn et 821 Schüler, déi an den Annexé vum Lycée Technique du Centre ënnerbruecht sinn, an zwar sinn dat der hannert dem IST eemol 127 an eemol 193. Da sinn et der an der Rue des Maraîchers an der Primärschoul vun der Stad Lëtzebuerg - déi Kohabitation besteet also mat deene Kanner mat der Primärschoul; do si se an engem Gebai - 124, an an der Avenue Pasteur um Lampertsbiere sinn am Moment 377 Schüler. Déi sinn a wierklech deenen denkbar schlechteste Konditiounen ënnerbruecht, an et ass ganz richtig: Déi Kanner do hu keng Lobby, soss wier scho laang do op d'Tromm geschloe ginn. An ech si frou, dass mer elo eng Léisung fannen, wéi déi besser kënnen ënner Daach kommen.

D'Proximitéit vun der Primärschoul ass ugeschwat ginn, an zu Recht huet d'Madame Hennicot gesot, dass zu Miersch et iwwerhaupt kee Problem duerstellt. Do sinn

d'Primärschoul an de Postprimaire op engem Site. Zu lechternach hu mer d'Primärschoul an de Postprimaire op engem Site. Zu Gréiwemaacher hu mer d'Primärschoul an de Postprimaire beieneen, an et ginn och Privatschoulen, déi all Ordre d'enseignement hunn. Dat ass zum Beispill d'Waldorfschoul oder d'Sainte-Sophie. Aner Beispiller gétt et nach, an do ass a sech kee Problem.

Datt den Terrain ze kleng ass, dat ass richtig. Fir eng ganz Schoul ze bauen, brauch ee fënnf Hektar. Wou awer fanne mer zesumme fënf Hektar, déi direkt disponibel sinn, wou kee Problem ass, hei an der Stad Lëtzebuerg? Et ass einfach ze kritiséieren, an ech wier nawell frou gewiescht, wann den Här Greisen eng konkret Propositioun gemaach hätt, wou een direkt hätt kënnen mat deenen Aarbechten ufänken.

Den Terrain ass och ze kleng fir eng Sportsinfrastruktur opzeriichten. Och dat ass wouer, an dat kann ee bedauern, mä ech wëll awer der Madame Wagener soen, de Parking, deen ass ënnerierdesch, deen huet wierklech eng minimal Héicht. Do kann ee kee Sport dra maachen. Dat eegent sech net fir eng Sportsinfrastruktur. Et muss een eng Héicht vu mindestens siwe Meter hunn, an do ginn et Normen. Et kann een also net soen: Verzicht op de Parking a maacht doraus eng Sportshal! Dat geet net.

Wat d'Sportsinfrastrukturen ubelaangt, do muss ee soen, dass d'Kanner och am Moment keng Sportsinfrastruktur zur Verfügung hunn, a mussen transportéiert ginn. Mir all hätten ons gewënscht, wa mer dat och nach hätte kënnen do realiséieren, mä hei hunn d'Klasseraim an d'Annexen, d'Ateliere Virrecht, an dat gétt awer domat geléist.

Da gétt sech beklot, dass d'Kantin net grouss genuch ass. Ma d'Kanner iessen net all mateneen. Do gi gewëssen Normen applizéiert, déi och an anere Schoulen applizéiert ginn, an dat fonctionnéiert. Soss misst beispillsweis um Campus Geesseknäppchen eng riseg Kantin sinn. Dat sinn awer Erfahrungswäerter, déi fonctionnéieren.

Et ass vun der Autobusgare geschwat ginn. Ech mengen, et misst de Kanner zouzemudde sinn, e puer Meter zu Fouss ze goen, fir an hir Schoul ze kommen. Mir bekloen ons soss, dass sech net méi genuch beweegt gétt. Hei kënnen se zu Fouss goen. Wat de Fousswee bis op d'Gare ubelaangt, sou geet een duerch d'Duerf Dummeldeng an da muss een net laanscht déi Hauptstrooss goe vun de Krommelängen. Et kann een also duerch d'Duerf Dummeldeng goen, an da kënnt een ouni Schwierigkeiten op d'Dummeldenger Gare.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- De Problem ass net, fir zu Fouss ze goen. De Problem ass, wann d'Busse laanscht den Trottoir all hannereneen stinn. Dat gétt en decke Koup, an dat ass geféierlech. Dat gesi mer op anere Plazen.

**Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.**- Mä et ass awer ganz richtig, dass mer och d'Autobusgare an den Zuch nobäi hunn, an dass och eng ganz Partie Kanner kënnen mam Zuch transportéiert ginn. An dat war och d'Iwwerleeung, déi mat der Stad Lëtzebuerg geféiert ginn ass, fir deen do Site erauszesichen.

Et ass och gesot ginn, et dierft ee keng Megalycéeën bauen. Där Meinung si mer och an der Regierung, an dofir wäert am Plan sectoriel „lycées" och e Maximum fixéiert gi vu Kanner, déi sollen an engem Lycée sinn. Zu Esch woren et mat 2.500 Eléven zevill Kanner. Dofir hu mer dat jo an zwee gedeelt. Dat sinn elo zwou getrennten Entitéiten, déi

fonctionnéieren. An hei um Stadgebitt mam Lycée Technique du Centre muss een där Iwwerleeungen, menger Meinung no, och maachen; dat wor awer net méiglech, esoulaang se esou verspreecht woren iwwert de ganze Stadterritoire.

Dann ass geschwat gi vun der Gréisst vun de Klassen. 25 Kanner wieren zevill. Déi ginn do dran. Et ass awer net esou, dass am Préparatoire 25 Kanner an engem Klassenall sinn. D'Moyenne nationale läit bei 15 Schüler pro Klass. Déi Kanner gi modulär ënnerriicht, esou dass eng Partie an engem Atelier ass, eng aner Partie ass an engem anere Module. Déi sinn also als Klasseverband net zesummen, wat awer och e Schwaachpunkt ass vun deem System, besonnesch fir déi Kanner, déi déi gréisste Schwierigkeiten hunn, well déi brauchen eng Referenzpersoun, a si brauchen e Klasseverband. Och där Klassen hu mer entre-temps op verschiddene Plaze gemaach. Mä et ass selbstverständlech, dass hei net dru geduecht ass, 25 Schüler pro Klass am Préparatoire opzehuelen. Dat ass eng theoretesch Kapazität.

Wat d'Kapazität ubelaangt, esou hunn ech virdru gesot, wivill Kanner mer op all deene Siten hunn. Et sinn der am Ganzen 821. Ech wëll awer drun erënneren, wann de Mamer Lycée seng Dieren opmécht am September 2003, dass dann eng Partie Kanner, well dann d'geographesch Repartitioun anescht gemaach gétt - a contrairement zu de Lycéeën a Lycées techniques, wou et keng Carte scolaire gétt, gétt et am Préparatoire jo eng Carte scolaire -, an de Lycée technique op Mamer wäerte goen, esou dass déi Zuel hei awer deementspriedend net wäert zouhuelen.

Selbstverständlech sinn awer verschidde Kanner, déi heihinner musse goen, well mer hei och Klassen hunn, mat engem Régime linguistique particulier, an dat kënnen mer natierlech net an all Lycée bidden, well d'Zuel vun de Schüler dat net ausweist.

Dat sinn déi puer Observatiounen, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, déi ech wollt maachen zu dësem Projet, wou ech mech freeën, dass en awer eng breet Zoustëmmung hei an der Chamber fënnt. Et ass och an dësem Zesummenhank vum Tronc commun geschwat ginn. Fir dass kee Malentendu opkënn: D'Regierung ass net fir en Tronc commun. Dat ass eng ganz kloer Ausso, déi se mécht, an et kann een net PISA bei alles huelen, an dann eng Solution aus dem Ausland importéieren a mengen, domat wieren d'Problemer all geléist. Dat huet op jiddfer Fall nâischt mat dësem Projet ze dinn, mä vu dass et hei évoquéiert ginn ass, kënnt een hei en extrae Modell vu Pédagogie entwéckelen. Dat ass net esou geduecht. Et ass och keen Experimentéierfeld, wat hei soll gemaach ginn. Et ass en uerdentleche Bau, dee mer a kierzester Zäit kënnen realiséieren.

A ganz zum Schluss wëll ech de Schüler eng gutt Sclolaritéit wënschen, an dem Personnel enseignant, dat op all deene Plazen elo während deene Jore Schoul gehalen huet ënner schwierigste Bedingungen, e ganz grouse Merci soen, well et ass dank hirem Asaz, dass deen Enseignement awer esou gutt konnt organiséiert ginn, a si si bestëmmt déi, déi sech matfreeën, wann dëse Projet votéiert an och ëngesat gétt.

Ech soen lech villmools merci.

**M. le Président.**- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5031 a stëmmen driwwer of.

### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugehall.

Mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Projet.



### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 59 Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Sauter, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Marco Schank), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach.*

*MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

*MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

#### Motion

Mir hunn nach eng Motioun hei leie vun deene grénge Kolleegen. D'Motioun ass verdeelt ginn an Dir hutt se textuell virleien. Freet een d'Wuert? Den Här Mehlen freet d'Wuert.

**M. Robert Mehlen (ADR).**- Här President, déi Motioun ass mer ganz sympathesch. Et ass just am leschten Tired, wou déi Gréng froen: „A charger un bureau d'études avec l'élaboration de normes indicatives pour les différents types de bâtiments“, dat stéiert mech. Et soll een de Ministère opfuederen, fir déi Normen ze presentéieren. Wéi ee sech dofir uelet, dat soll een der Regierung iwwerloossen. Ech fannen et komesch, datt d'Chamber soll d'Regierung opfuederen, fir engem Bureau d'études eng Aufgab ze iwwerdroen. Dat ass d'Missioun vun der Regierung. Ech sinn der Meenung, et gëtt esouvill international Normen a Referenzen, datt och eng Regierung misst an der Lag sinn, dat ze maachen, ouni datt se e Bureau d'études muss domat chargéieren.

**M. le Président.**- D'Madame Renée Wagener freet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, mir hu kee Problem fir déi dote Propos unzuhelen.

**M. le Président.**- Mir stëmmen also of iwwert déi Motioun. Et ass ee Vote par main levée.

#### Vote

Wien ass fir déi Motioun?

Wien ass dergéint?

Jo, also d'Majoritéit, déi ass dergéint. Da wier domadder d'Motioun ofgelehnt.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5007 iwwert d'Services postaux.

Et sinn ageschriwwen: den Här Fayot, d'Madame Beissel an den Här Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf.

## 2. 5007 – Projet de loi portant modification de la loi du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux

### Rapport de la Commission des Media et des Communications

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei ee gudden Projet de loi, dee méi wéi en Iwwergangsprojet ass. En ass koherent, et ass en Instrument dat alles regelt an dem natierleche Wuesstum vun eiser Post Rechnung dréit.

Dat war eng vun de Konklusioune, déi ech gezunn hat am Joer 2000, den 30. November hei an der Chamber. De 15. Dezember, wann ech kucken, wéi dee Projet de loi hei iwwert d'Bühn gaangen ass, da muss ech soen, da wärte mer eis wahrscheinlech an esou enger Logik bewegen. Well d'Tatsaach ass, dass dëse Projet den 12. August 2002 déposéiert ginn ass. An haut, den 12. Dezember also, just 4 Méint hannendrun, kënne mer dann dëse Projet hei stëmmen. D'Avis sinn och ganz séier komm. Déi meescht waren am Mount September do, déi vun der Chambre des Fonctionnaires, d'Employés privés, d'Chambre de Commerce an d'Chambre de Travail. An och de 25. November ass de Rapporteur genannt ginn, an de 26. November huet de Statsrot säin Avis ginn.

Den Objet also vun dësem Projet ass jo, déi Direktiv 2002/39/CE vum Europaparlament ëmzesetzen, déi am Conseil den 10. Juni 2002 geholl ginn ass. Mir ginn hei vun enger Direktiv aus, déi an deem Gesetz vum 15. Dezember 2000 ëmgesat ginn ass, d'Direktiv 97/67/CE, wou et drëm geet de Bannemaart hei an Europa iergendwéi ze reglementéieren, an zwar am Postsecteur. Hei soll dee berühmte Service universel kommen, wou mer am Joer 2000 vill Diskussiounen driwwer haten.

Wat ass dat iwwerhaupt, dee Service universel? Dee Service universel, do geet et ëm d'Ophiewen, den Transport, den Tri an d'Verdeele vun der Inlandskorrespondenz, ob se accélériert ass oder net. Hei muss verschidde Critèrë bestoe bleiwen. Fir d'éischt den typesche Bréifdréier wéi mer e kennen, dee bleift weider an eise Stroossen, dee gesi mer weider. Dat heescht d'Proximitéit gëtt och gehalen. Et brauch een also net wäit ze goe fir an d'Bréifboite. D'Universalitéit muss also geographesch sinn, am ganze Land muss Bréifboiten opgestallt ginn a muss d'Post verdeelt ginn. Hei spillt déi sougenannte Péréquation tarifaire. Dann hu mer och de Prinzip vun der Upassung, oder vun Adaptatioun, deen deen ass, dass déi technesch Entwécklung, déi et an deem Beräich gëtt, och muss afléissen. Dat sinn also d'Elementer vun esou engem Service universel.

A wat och ganz wichteg ass: Deen eenzelne Bierger muss informéiert ginn eemol d'Joer an dësem Service universel. Dat geschitt dann och esou. An oft ginn och d'Timber mat an dëse Service universel abezunn. D'Timberen ass awer, fir déi an den Émlaf ze bréngen, eng aner Konzessioun, déi do spillt.

Gutt, mir hunn also elo d'Direktiv 97/67/CE. Déi ass jo dann ëmgesat ginn an déi 2002/39/CE, an do si fir d'éischt Propositione komm vun

der europäescher Kommissioun. Do sinn Etüde realiséiert ginn an de Jore '96 bis '99. Do sinn da Propositions de directives gemaach ginn. Do ass gemengt ginn, 20% missten, en moyenne vun de Revenuë vun deenen eenzele Posten an de Länner, am Fong geholl opgemaach ginn, an et misst dann eng Fourchette festgeluegt gi vun 350 Gramm op fënnf mol de Basistarif. De Basistarif vun engem Bréif war fréier 18 Frang, haut sinn dat 45 Cent. Fënnf mol, dat sinn 90 Frang. Dat heescht also, all Courrier, dee méi deier ass wéi 90 Frang, respektiv méi wéi 350 Gramm weit, ass net méi reservéiert. Do kënnen och aner Leit sech dorëm këmmen, loosse mer emol esou soen. Dat ass jo och geschitt am Joer 2000. Elo ginn déi Wäerter erofgesat.

Déi nächst Etapp ass also déi, fir dës Wäerter erfesetzen. An dann hate si gemengt – deemools, d'Kommissioun, an de Joren '96, '97, '98, '99 - et misst am Joer 2007 eng weider Öffnung kommen. D'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung awer, besonnesch och da vun de Postministere, war do ganz strikt, an d'Lëtzebuerger hunn sech am Conseil des Ministres vun de Postministere, ënnert de Presidenze vun de Fransosen, de Schweden an de Belsch, op véier Punkten do festgeneelt, géif ech bal soen. Éischters sollten déi reservéiert Servicer op engem Niveau sinn, dass den universelle Service eng héich Qualitéit behält. Zweetens sollt et esou sinn, dass de Publipostage an déi Bréiwer, déi iwwert d'Grenzen erausginn, déi „transfrontaliers“, déi sollte reservéiert bleiwen, a besonnesch jo fir Lëtzebuerg, well mir eng spezifesch Situatioun hei hunn. Dat ass och als Conditio sine qua non dohinner gestallt ginn. Deen drëtten Punkt, dat war deen, fir ee Kalender opzestellen, dee raisonnabel ass, deen et eiser Post erméiglecht, sech dësen neien Donnéeën ze adaptéieren. An dee véierten - och ee ganz wichtege Punkt -, dass déi ganz Mechanismen net dierfen automatesch kommen, mä hei muss ganz kloer d'Prozedur vun der Co-décisioun spillen.

Well mer déi Garantie kritt hunn, konnte mer eis dunno dranhänken. Déi Garantie si gefall de 6. Dezember 2001 am Conseil des Ministres an der Présidence belge, wou mer do da Recht kritt hunn op eng gewëssen Aart a Weis. Mir hu gesot kritt: Dir kënnt effektiv de Courrier transfrontalier an de Publipostage reservéieren, wann dat noutwenneg ass, fir am Fong geholl Ären universelle Service um Liewen ze halen. Anescht musst Der awer d'Konkurrenz opmaachen.

Do sinn dann Échéancë festgeluegt ginn. 2003 gi mer vun deenen 350 Gramm op 100 Gramm erf. Vum Präis gi mer vu 5 Mol de Basispräis op 3 Mol de Basispräis erf. Am Joer 2006 kënnt eng nächst Etapp. Do sinn et nëmme méi Bréiwer bis 50 Gramm, déi reservéiert sinn an den Tarif ass nëmme méi dee vun 2,5 Mol 45 Cent an dësem Fall, oder, wéi et virdu war, 18 Frang. Wat och dann eben nei ass ass, dass vun 2003 un - an dat ass jo elo dat wat den 1. Januar antrëtt - de Courrier transfrontalier och misst net méi reservéiert sinn, mä do si Länner déi dat dierfen. A mir Lëtzebuerger, mir dierfen dat jo. D'Europaparlament huet och an dësem Kontext drop gehalen, dass hei solle Kontrolle gemaach ginn an de Marché sollt évaluéiert ginn, an et sollte regelméisseg Rapporte gemaach gi fir ze kucken, wéi déi Direktiv applizéiert gëtt.

Mir hunn also hei zu Lëtzebuerg, elo vum 1. Januar un, nëmme méi e reservéierte Service bis 100 Gramm, de Präis dräimol, hat ech lech gesot, vun engem Standardbréif. Zweetens, de Courrier trans-

frontalier, deen iwwert d'Grenzen erausgeet - et ass deen, deen zielt - kënne mer nach weider halen, well deen am Fong geholl eis d'Méiglechkeet gëtt, de Service universel, well mer e klenge Land sinn, ze assuréieren. 2006, hat ech lech jo gesot, gëtt et 50 Gramm an 2,5 Mol den Tarif vun engem Standardbréif.

Déi Dispositiounen, déi nach an där aler Direktiv stoungen, sinn natierlech nach alleguerte rechtskräfteg. D'Direktiv 2002 ass en vigueur, se muss also ëmgesat si bis den 31. Dezember 2002. Se ass a Kraaft getrueden de 5. Juli 2002. Mir zu Lëtzebuerg sinn an enger spezifischer Situatioun, ech hat lech et jo gesot. Et ass drëm gaange fir 20% en moyenne vun de Revenuë vun de Poste fräizemachen. A Lëtzebuerg waren et mat där éischter Etapp schon 18%. Elo komme mer mat der zweeter Etapp vun 2003 schon op 42% vum Chiffre d'affaires vun der Lëtzebuerger Post, déi scho fräigemaach ginn. Am Joer 2006 sinn et 48%.

Dat beweist also, dass déi Situatioun ganz spezifesch ass fir Lëtzebuerg. Och d'Avisen vun de Chambres professionnelles si ganz verschidden. D'Employés privés an d'Fonctionnaires an Employés publics ginn net ganz vill Observatiounen, während d'Handelskammer an och d'Aarbechterkammer vill méi Diskussiounen féieren.

Déi eng, d'Chambre de Travail, ass géint d'Öffnung vun Maart. Si sinn net d'accord. Si soen hei géif Lobbyismus vu Bréissel spillen. Si stellen zwar fest, dass d'Marge de manoeuvre vu Lëtzebuerg kleng war, dass dat awer eng gutt Saach war, dass mer konnte Servicer reservéieren, fir déi Post déi iwwert d'Grenzen erausgeet a fir de Publipostage, mä si fannen awer, dass am Fong geholl déi Direktiven net genuch op d'Particularitéite vun den eenzelne Länner aginn. Si hätten och dofir gär, dass systematesch Evaluatiounen sollte gemaach ginn am Fong geholl, fir dann ze kucken wéi dee ganze System funktionéiert. Well si sinn der Meenung, dass déi natierlech Monopolen, déi entstane sinn, een normale Phänomeneen waren an dass et net gutt ass, wann een ze vill kommerziell Logik an dat Ganzt erabréngt. Si mengen, do géife mer eng Segmentéierung kréien an dofir hätte si gären, dass een d'Konsequenze vun der Liberaliséierung an dësem Beräich soll analyséieren, besonnesch och wat de Präis ugeet, an d'Qualitéit vum Service, an och wat d'Aarbechtsplazen, d'Zuel vun den Aarbechtsplazen an d'Qualitéit vun den Aarbechtsplazen ugeet. Eis Chambre de Travail wëllt also keng weider Liberaliséierung vun dësen öffentleche Servicer.

D'Chambre de Commerce ass just de Contraire. Si insistéieren drop, dass een nach méi wäit soll goen an der Liberaliséierung. Si soen, dat wär gutt fir den Essor économique, fir d'Ekonomie ze förderen. Si soen d'Expérience hätt gewisen, datt d'Präisser géife méi interessant ginn duerch Konkurrenz. Si stelle souguer fest, dass d'Post verschidde Réduktiounen mécht, déi differenzéiert sinn, ob elo déi Servicer am Monopol sinn oder net, an dass do eng Präispolitik gemaach gëtt, déi eventuell d'kommerziell Loyaltéit géif a Fro stellen. De Monopol vun der Post soll op ee Minimum reduzéiert ginn, ass hir Meenung, fir d'Effizienz an d'Rentabilitéit ze steigere. D'Konkurrenz muss natierlech esou modeléiert ginn, dass d'Post ka weiderbestoen, mä de Privatsécteur muss och kënnen hei ee Wuert matschwätzen. Si stellen och d'Fro, ob net esouguer och déi aner Posten, déi aner öffentlech Poste vun den Nopeschlänner en Effet op dat Ganzt hätten.

Si mengen och d'Struktur vum Personal wär ze rigid bei der Post, a fir do an eng Dynamiséierung ze kommen, misst een aner Weeër goen. Si stelle fest, dass d'Post am

Fong geholl ee Bilan d'Joer mécht fir hir Services postaux, fir hir Finanzservicen a fir d'Telekommunikationsservicen. Si hätte léiwer, dat géife séparéiert Bilan ginn, fir eng besser Asicht ze kréien, awéi fern d'Ouverture vum Marché stattfënnt oder net stattfënnt.

Da stelle se Froe mam Publipostage, wou se am léifsten hätten, dat géif och privat ofgehandelt ginn. Wat elo d'Subventions croisées ugeet, déi am Artikel 5 stinn, hätten se gären, dass am Fong geholl zu Lëtzebuerg dat ganz restriktiv behandelt gëtt. De Statsrot geet net an op d'Opportunitéit, ob esou e Monopol gutt oder schlecht ass. Hie seet just, dass wann eng Charge de la preuve misst sinn, da misst d'Post déi weisen, fir ze beweisen, dass et noutwenneg ass, dass een esou Monopolen nach hält. Am Kader vum Avis vum Statsrot kann een nach soen, dass am Fong geholl d'Post soll vun dem Maximum vu Servicer, dee mir hir reservéieren, profitéieren, fir sech ze preparéieren op d'Joer 2009, wann déi ganz Mäert opginn.

Ech wollt da just kuerz op déi Artikelen agoen, wou Observatiounen ware vum Statsrot. Dat ass den Artikel 2, wou et drëm geet, am Kader vun de Reklamatiounen eng Ausweitung op all d'Opérateuren, déi am universelle Postservice aktiv sinn, ze maachen. Dat hätt een och kënne maache fir Servicer, déi net universell sinn. Dorop huet de Législateur awer net zréckgegraff. Do bleiwe mir an enger Logik, un déi d'Kommissioun sech dann och ralléiert huet.

Den Artikel 3 ass am Fong geholl d'Häerzstéck vun deem Ganzen. Do gi jo déi Wäerter festgeluegt, déi zwou Etappe vun 2003 an 2006. Do geet et am Fong geholl och drëm, fir de Präis an d'Gewicht ofzeweien. An der aler Logik vum Gesetz vun 2000 ass fir d'éischt de Präis komm, an dann d'Gewicht. Et gëtt awer elo gemengt, et wär méi logesch, d'Gewicht ze kucken an dann ze kucken ob de Präis dee richtegen ass.

Beim Artikel 6 ass eng Ännerung. Do ass éischters emol eng Erreur matérielle gewiescht; dofir hat Dir och op Ärem Dësch en neit Document parlementaire, e Corrigendum, leien, well bei deem Artikel ass e kleng Feeler ënnerlaf. Do hate mir geschriwwen de Paragraph „h“, an et ass de Paragraph „m“. Datselwecht ass beim Artikel 7.

Wat den Artikel 6 ugeet, do huet d'Kommissioun hiren Accord ginn, grad esou wéi fir den Artikel 7, wou awer Diskussiounen waren, wat am Fong geholl d'Attributions de la police judiciaire ugeet. Do ass en neien Amendement komm vum Statsrot, den neien Artikel 25bis, soss hätt e sech opposéiert. Do steet och dran, dass déi Leit, déi esou e Pouvoir judiciaire hunn, mussen veredegt sinn. Do hu mir eis ralléiert als Kommissioun. Dir gesitt also, dass dëse Projet de loi net vill Diskussiounen bruecht huet. En huet e grouss Konsensus fonnt, et gouf just zwou Enthalungen.

Ech géif ofschléissen, andeem ech dem Minister, dem Här Biltgen, merci soe fir dëse gudden Projet. Des Weidere géif ech gären dem Här Paul Schuh, dem Verrieder vum Ministre délégué aux Communications, souwéi der Madame Cocard, eiser Sekretärin, merci soen. Ech wollt an engems dovun profitéieren, fir den Accord vun der CSV ze bréngen.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen.

Den Här Jung freet nach d'Wuert.

**M. Ady Jung (CSV).**- Här President, ech hunn elo just op mengem Écran festgestallt, dass e Member vun der sozialistescher